


KÄLTÉITENG

# Bulletin Communal
Février 2015

**Séances du 2 octobre 2014**
**et du 21 octobre 2014**
***Sëtzunge vum 2. Oktober 2014***
***a vum 21. Oktober 2014***

# Gemengerot Sëtzung vum Donneschden, 2. Oktober 2014

**Dauer :** vun 14h30 bis 16h50

**Präsenz :** John Lorent, Buergermeeschter, Marcel Humbert an Patrick Brücher, Schäffen, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Konseillejen, Nadine Braconnier, Sekretärin.

**Entschëllegt :** José Gonçalves dos Anjos

**Ordre du jour :**

1. **Korrespondenz an Informatiounen**

2. **Kontrakter, Conventiounen**
   - 2.1 Avenant zum Kontrakt mat der LALUX
   - 2.2 Kontrakt fir d'Ubannen vum Fussballsterrain an d'Meederschoul um Widden
   - 2.3 Kontrakt fir d'Notzen vum Réseau vu Creos fir de Fussballsterrain an d'Meederschoul um Widden
   - 2.4 Avenant Sudgaz
   - 2.5 Kontrakt Siemens
   - 2.6 Compromis de vente Zimmermann/Reiser
   - 2.7 Compromis de vente Locafin
   - 2.8. Acte SCI Monteiro
   - 2.9 Conventioun Ennercop/Transition Minett

3. **Reglementer**
   - 3.1 Ännerung vum Polizeireglement
   - 3.2 Ännerung vum Reglement iwwert de Registre de la population
   - 3.3 Ännerung iwwert d'Reglement vum Bulletin Communal
   - 3.4 Reglement iwwert Bébé-nageurs

4. **Schoulwiesen**
   - 4.1 Schoulorganisatioun, Plan de Réussite scolaire an Plan d'encadrement périscolaire

5. **Gemengefinanzen**
   - 5.1 Festleeën vum Impôt foncier
   - 5.2 Festleeën vum Impôt commercial
   - 5.3 Indemnitéit fir d'Redaktioun vum Bulletin communal
   - 5.4 Modification budgétaire fir d'Prefinanzement vun der Solaranlag
   - 5.5 Modification budgétaire fir de Remboursement vum Prefinanzement vun der Solaranlag

6. **Syndikater**
   - 6.1 Adhésioun vun der Gemeng Walfer an de Sigi
   - 6.2 Modalitéiten fir den Austrëtt aus dem Syndikat PROSUD

7. **Club Senior an Jugendtreff Käl/Téiteng**
   - Convention 2014 Club Senior
   - Décompte 2013 Jugendtreff Käl/Téiteng

8. **Personal**
   - Personal – Prime de responsabilité fir d'Ersetzen vum Secrétaire
   - Prolongation de Stage vun engem Redakter an engem Ingénieur

9. **Froen vun de Konseillejen**

## 1. Korrespondenz an Informatiounen

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**
*Ech géif iech alleguer ganz häerzlech zu eiser Gemengerotssitzung begréissen. Ech géng d'Madame Braconnier bieden feststellen ze loossen wien als éischten aus der Urne gezu gëtt. An där Zäit géng ech den Här Albert Kalmes häerzlech begréissen, deen eis déi Konventioun mat der "Coopération energétique Transition Minett" kuerz virstellt. Den Här José Gonçalves huet sech haut entschëllegen gelooss, de Romain Becker kennt méi spéit, genee wéi de Patrick Brücher. Ech wollt de Gemengerot informéieren, dass mer den 21. Oktober 2014 e speziellen Gemengerot aberuff hunn fir d'Diskussioun iwwert d'Plans secoriels. Bis den 28. Oktober musse mer jo en Avis ofginn vis a vis vun der Regierung. D'Demokratesch Partei huet gesot mir hätten de Plang vun Kayl-Nord aus dem Tirang gezunn fir déi ëffentlech Versammlung iwwert d'Plans secoriels. De Staat obligéiert eis zu engem Projet de grande envergure. Do war et wichteg ze soen, dass d'Gemeng en eegnen Projet huet. Dee gëtt dann och hei vun der Firma "Luxplan" virgestallt. An der Sitzung vum 21. Oktober kann all Fraktioun hiren Input hei leeschten.*

*Ech wollt iech awer och informéieren, dass eisen Agent municipal nees ugefaangen huet mat schaffen. Mir hu festgestallt, dass wann hien net do ass dann herrscht séier Anarchie beim Parken. En huet elo schonn e puer Missiounen kritt.*

*(D'Madame Belleville gëtt als éischten aus der Urne gezunn.)*

*Ech géif awer de Gemengerot bieden kuerz opzestoen fir zwee Gemengekonseillejen ze gedenken déi eis tëschent deem leschten Gemengerot an haut verlooss*

*hunn. Dat ass den fréieren Schäffen an Conseiller Marcel Linden an de Marcel Mille?. Déi zwee Leit hu grouss Mériten hei am Gemengerot an ech géng iech bieden eng Kéier opzestoen fir hinnen stëll ze gedenken.*

*- Gedenkminutt*

*Ech soen iech Merci. Den Här Daubenfeld huet mer signaliséiert, dass e gäre géng e puer Wuert soen iwwert de Marcel Linden.*

**Romain Daubenfeld, Konseiller (LSAP)**
*Merci Här Buergermeeschter. Dir hutt et jo schonn gesot, an de leschten zwee Méint hu mer zwee bedeitend Lokalpolitiker verluer. Dat mannst wat een kann soen ass dass si an eiser Gemeng hir Spueren hannerlooss hunn. Si hunn eis Gemengepolitik an deenen Joeren wou se derbäi waren maassgeeblech geprägt. Am Numm vun der sozialistescher Fraktioun erlaben ech mer deenen zwou Familljen eist Bäileed auszespriechen an eisen déiwe Respekt vis a vis vun hirer Arabescht fir eis Matbierger. Fir op de Marcel Linden zréckzekommen, 1977 ass hien déi éischte Kéier an de Gemengerot komm. 1975 war en fir d'éischt op eiser Lëscht an ass an de Gemengerot nogeréckelt. Dat sollt eng Erfolleg-story ginn well de Marcel war dono ouni Ennerbriechung bis 2005 Member vum Gemengerot. 1986 huet eisen fréieren Buergermeeschter Jules Kaufmann seng Ämter niddergeluecht an de Marcel ass dunn Schäffen ginn. Dat Amt huet hien mat ganz vill Enthousiasmus bekleet bis zur batteren Nidderlag vun de Sozialisten 1993. Dono war en nach zwou Wahlperioden als Konseiller am Gemengerot an 2005 huet e fräiwëlleg drop verzicht fir mat op d'Lëscht vun der LSAP ze goen fir jonken Leit Plaz ze maachen. Och dono stoung de Marcel eiser Fraktioun nach mat Rot an Dot zur Verfügung an mir als jonk Kollegen konnten eis eng Scheiw vun sengem Sachverstand ofschneiden. Hien huet d'Budgeten vun der Gemeng vun lénks no riets gedréint. Et sinn vill Nuechten dropgaangen fir d'Enner zesummen ze kréien. An deem Sënn war et e Workaholic, deen sech net ginn huet bis de leschten Frang an duerno Euro vun de Gemengenausgaben justifiéiert war. En huet sech an eis et net ëmmer liicht gemaach mat der Opstellung vum Budget well en all drëtt Stell hannert dem Komma nogerechent huet ier en d'accord war. Mir jonker konnten vill vum Marcel léieren well en eis gewisen huet dass een verantwortlech mat deem Geld muss ëmgoen, wat net eist ass mee d'Geld vun de Leit aus der Gemeng. Méi wéi eng Kéier huet en eis op d'Fangeren geklappt wann mer wollten Geld ausginn wat de Budget net hierginn huet. Eppes muss een awer vum Marcel soen: Et war en treien Parteizaldot deem et ni em seng eegen Persoun gaangen ass mee em d'Wuel vun den Awunner vun eiser Gemeng. En huet ni déi grouss Rieden gehalen, e stoung ëmmer am Dingscht vun eiser Populatioun an vu senger Partei. Seng grouss Léift, dat ass kee Geheimnis, dat waren d'Veräiner am Duerf. Ech erënneren dass en 30 Joer laang President vum Madolinne-Veräin war, e war laang bei de Cyclisten zu Téiteng aktiv, e war President vun de Käler Cyclisten an e war ganz aktiv am Aarbeschtsennerstetzungsveräin. Ouni ze vergiessen dass e bei der UGDA Regionaldéléguéierten war a Member vum Verwaltungsrot bei der UEL vun 1970 bis 2010. Den 10. August dëst Joer huet de Marcel Linden eis fir ëmmer verlooss an räisst e grousst Lach an eis Reien. D'Gemeng Käl huet mam Marcel Linden en engagéierten Politiker an en aktiven Veräinsmënsch verluer. Mir als LSAP hunn en gudden Frënd, en engagéierten Sozialist an e wichtegt Element an eiser Parteisektioun verluer. Ech well och net vergiessen dass en an der Gewerkschaft en treien Militant war. Mir als Fraktioun wäerten de Marcel Linden net vergiessen.*

## 2. Kontrakter, Konventiounen

### 2.1 Avenant zum Kontrakt mat der LALUX

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Merci Här Daubenfeld. Vu Säiten vun der CSV vläicht e puer Wuert iwwert de Marcel Mille ?*

*Nee, dann géifen mer zur Tagesordnung iwwergoen. Mir kommen bei den 2. Punkt. Do fänken mer un mat engem Avenant zu eisen Assurancen. Dat concernéiert d'Responsabilité civile an d'Assurance Accident vun der Gemeng. Do sinn Adaptatiounen gemaach ginn. Wat d'Responsabilité civile ugeet ass d'Zuel vun den Awunner, de Schüler an de Fräiwëllegen am Centre d'Intervention ugepasst ginn. Wat d'assurance accident ugeet hu mer alles beim Aalen gelooss, mir hu just d'"Somme assurée en cas d'invalidité permanente" vun deenen Fräiwëllegen am Centre d'Intervention vun 50.000 Euro op 100.000 Euro eropgesat. Et ass och heiansdo gutt wann een mat den Assurancen schwätzt. Mir haten am Budget vun 2013 32.300 Euro virgesinn an am Budget 2014 32.500 Euro fir dës Assurancen. Mat deem neien Projet deen elo virläit, ginn elo just nach 27.000 Euro ageschriwwen, dat heescht trotz dem Supplément un der Prestatioun bleiwen mer ënnert dem Tarif deen mer bis elo haten.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Mir hunn elo am Kontrakt nogekuckt. Et ass eng Zuel an vun 36 Pompjeeën virgesinn. Gehéieren do och déi vum Sauvetage mat dran an ass do och d'Jugend asuréiert?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**
*Si kréien effektiv eng Lëscht vun deenen Leit déi aktiv Pompjee sinn. Dir musst och wëssen dass parallel dozou déi Leit déi fir d'Protection civile schaffen vum Staat aus eng Versécherung hunn. Pompjeeën ass rengen Gemengebetrib, mee de Sauvetage respektiv d'Protection civile sinn Staatsbetriiber.*

**Romain Becker, Konseiller (DP):**
*Dat heescht hei ass eng reng technesch Saach? Do ass nach eng Kéier nooverhandelt ginn?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**
*Jo et ass nach eng Kéier verhandelt ginn. Kenn dir iech nach erënneren, dass mer fir d'Immobilien respektiv fir d'Feierversécherung eng Ausschreiwung gemaach haten? Hei wëllen mer awer d'Assurance bei der Firma déi zur Diskussioun steet beloossen.*
*Da géif ech deen Avenant zum Vote stellen, déi déi domat d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen? Ween ass dergéint? Ween enthält sech?*

*EESTËMMEGE VOTE*

### 2.2 Kontrakt fir d'Ubannen vum Fussballsterrain an d'Meederschoul um Widden

### 2.3 Kontrakt fir d'Notzen vum Réseau vu Creos fir de Fussballsterrain an d'Meederschoul um Widden

### 2.4 Avenant Sudgaz

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**
*Mir hunn véier Kontrakter hei déi mer zesummen kéinten stëmmen. Dat sinn déi normal Kontrakter vun der Creos fir d'Ubannung an d'Notzung um Fussballsterrain an an der Meedchersschoul an dann en Kontrakt vun Sudgaz deen mer hu missen dénoncéieren well d'Sudgaz schreift se hätten Problemer mat eis an hirer Informatik an et wär besser mir gengen deen Kontrakt léisen an den en neien maachen well soss kréien se deen Feeler net eraus. Wann elo keng Wuertmeldungen do sinn géng ech iech bieden déi Kontrakter an engem Vote ze stëmmen.*
*Déi déi mam Contrat de raccordement an d'utilisation vun der Creos an mam Kontrakt vun der Sudgaz d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen? Ween ass dergéint? Ween enthält sech?*

EESTËMMEGE VOTE

### 2.5 Kontrakt Siemens

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP)**
*Da kennt e Kontrakt mat der Firma Siemens mat den Ampelanlagen déi mer an der Gemeng hunn. Iwwert e Reglement grand-ducal sinn Erweiderungen komm, dass sämtlech Anlagen op de Stroossen eemol am Joer mussen revidéiert ginn fir ze kucken ob se anstänneg funktionéieren, sou dass mer net derlaanscht kommen fir mat der Firma, déi déi Luuchten opgestallt hunn, e Kontrakt ze maache fir d'Wartung. Et ass e Käschtepunkt wou navell eppes zesummenkennt fir déi verschidden Ampelanlagen. Ech geng awer de Gemengerot bieden säin Aval ze ginn fir sech dem Reglement grand-ducal ze confirméieren. Wuertmeldungen dozou?*

**Romain Becker Konseiller (DP):**
*Jo dir hutt Recht wann der sot, dass dat vill Suen kascht. Suen ass dat eent mee Tatsaach ass awer, dass d'Luuchten zu Téiteng net korrekt funktionéieren zanter se a Betrib sinn. E Kontrakt mat enger Firma ze ennerschreiwen déi et net emol faerdeg brengt déi Luuchten un d'Goen ze brengen. Et ass eng fonkelnei Anlag déi net funktionnéiert, an dat kann net sinn. Mir hunn hei schon oft driwwer geschwat, déi Anlag huet manifestement e Problem. Ech hunn hei schonn proposéiert fir d'Firma ze wiesselen well scheinbar kennen déi dat net. Ech fannen einfach, dass muss gesot ginn, dass mer fir déi Luucht déi net funktionnéiert emol naischt sollen bezuelen. Déi Luucht déi zu Käl ass, déi d'Busgare soll bedingen funktionnéiert och net richteg an do muss een och mol diskutéieren wat do soll geschéien. Ech wees, dass et hei am Kontrakt drem geet, dass soll gekuckt ginn op d'Bieren all funktionnéieren mee et get e Prinzip hannendrunn. Wann eppes geliwwert get muss et och goen an dat ass net de Fall*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Bon Här Becker ech fänken elo net un mat iech iwwert de Prinzip ze diskutéieren well ech och fannen, dass wann een eppes dohinner stellt da soll et och funktionnéieren. Hei ass eng aaner Diskussioun, ech si gehaalen dee Wartungvertrag ze maachen fir eis als Propriétaire vun den Anlagen oofzesecheren. Well wann en Accident geschitt dann kréien mer e Recours. Siemens huet déi Anlag geliwwert an et sollten och sie sinn déi déi Wartungsarbeschten maachen.*

**Romain Becker Konseiller (DP):**
*Et war just fir ze froen ob et net eng aaner Firma gett déi déi Wartungsarbeschten hei mecht.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Et waerten nach eng Partie nei Anlagen kommen an da muss een do d'Konkurrenz spillen loossen. Dat well ech net ausschléissen. Ech geng de Wartungsvertrag trotzdem zum Vote stellen. Déi domat d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dergéint, enthält een sech?*

*LSAP, déi Gréng an CSV stëmmen derfir, demokratesch Partei enthält sech.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Ech verstinn de Vote vun der demokratescher Partei. Mir kucken och fir dat an der Verkéierskommissioun nach eemol ze thematiséieren.*

### 2.6 Compromis de vente Zimmermann/Reiser

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Hei läit eng Pièce am Dossier mam Plang, et läit uewen op der Hesselsbunn. Do war e Promoteur do fir dat opzekafen fir eng Residenz ze maachen. Do hu mer eis dergéint gewiert well déi Plaz eegent sech net derfir. Ech maachen eng Klammer op: dir wësst, dass dat wat déi Déifferdenger Kollegen gemaach hunn iwwerall, ausser bei de Promoteuren Approbatioun fonnt huet, bei eis muss een e bëssen dicernéieren, bei eis geet et den Zonen no. Hei ass awer esou e Fall, wann mer do e Promoteur gewäerden loossen dann hätt den Här Zimmermann dat Haus do net ze kafe kritt. Hien well do e bëssen méi e modernen Projet maachen an fir dat ze realiséieren brauch en einfach e bëssen Terrain vun der Gemeng. Am Ufank sollt en Tausch gemaach ginn well den Här Zimmermann huet relativ vill Land parallel zur Hesselsbunn leien. Mir hunn eng Expertise maachen gelooss wou gesot ginn ass dass zu deem Präis et besser ass deen Terrain ofzekafen. Et sinn 0,89 Ares op der Hesselbunn. Dat gesot geng ech Diskussioun opmaachen.*

**Romain Becker Konseiller (DP):**
*Ech hunn dat net richteg verstan gehat, ech verstinn dass den Här Zimmermann den Talus keeft, mee ass et doduerch dass et elo säin Terrain ass dass e méi no kann un deen Talus eruntrieden?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Mir sinn nach am État de Projet mee op alle Fall kennt et net direkt un d'Strooss erun. Soss Wuertmeldungen? Et läit eben esou bosseg dass een de Prix du Marché net kritt also maachen mer elo d'Halschend. Da stellen ech dat do zum Vote, ween domat d'accord ass bieden ech em en Handzeechen? Ass een dergéint? Enthält een sech?*

EESTËMMEGE VOTE

### 2.7 Compromis de vente Locafin

*John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):*
*Ech hunn eisen Leit an der Verwaltung den Uerder ginn e Plang bei esou Dossieren ze leeën. De Paul Koepp baut um Site vun der fréierer Luxgarage eng Residenz. En aneren Promoteur huet niewendrun kaf fir eng Residenz ze bauen. Dee ganzen Bau geng verschwannen an déi Leit hunn elo esou vill Land derbäi kaf a wëssen net wat se domat sollen ufänken. An genee esou wéi de Paul Koepp huet deen hei eis proposéiert dat Land hannendrun ze kafen. Dat geet bis un d'Käler Bach. Dat gëtt eis d 'Méiglechkeet eng Extensioun vum Park Ouerbett ze maachen. Dat sinn 18 Ares, dat ass net wéineg.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Ech mengen dir iert ech do, et ass den Terrain deen niewendrun ass deen dir mengt. Ech hunn gesinn, dass d'Kadasternummer net stëmmt.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Dass mer eis eens sinn, et geet em d' Terrainen déi hannert de Gebailechkeeten vun der Schräinerei leien. Bei deenen niewendrun hu mer och eng Offer vun Säiten vum Här Koepp. Dat kréien mer och iergendwann eemol ze kafen. Dir hutt wahrscheinlech méi en aktuellen Plang wéi ech. Mir klären dat do. Bon, mir hunn en groussen Intérêt dat doten ze kafen. De Präis ass 700 Euro den Are, also den Emprisepräis.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Ech wollt froen ob een bei der Parzelle niewendrun schonn dru geduecht huet dat matzekaafen an ass schonn eppes virgesinn wat do op där Plaz soll geschéien? Park Ouerbett vergréisseren ass zimlech vague. Ass do eppes Konkretes virgesinn?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Ech weisen iech drop hin dass d'Pétanque schonn laang freet fir eng Erweiderung vun hirem Terrain ze kréien, dat ass elo keng formell Ausso mee et sinn Bedierfnisser do déi een nëmmen kann decken wann een Terrainen huet. Eppes steet fest: De Pétanque läit net gutt. Si sinn Opfer vun hirem eegenen Erfolleg ginn an hei ass vläicht eng Méiglechkeet dat ze leeschten, wéi gesot am Kader vun der Extensioun vum Park Ouerbett. Mee sou wäit si mer nach net. Et geet em den allgemengen Prinzip deen Terrain hei ze kafen. Da stellen ech dat do zum Vote, ween domat d'accord ass bieden ech em en Handzeechen? Ass een dergéint? Enthält een sech?*

EESTËMMEGE VOTE

### 2.8. Acte SCI Monteiro

*John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):*
*Ech ginn net méi op den Acte hei an mir hunn de Compromis hei gemaach. Dat ass an der rue Jos Muller wou mer dat finaliséieren wat am Compromis stoung. Da stellen ech dat do zum Vote, ween domat d'accord ass bieden ech em en Handzeechen? Ass een dergéint? Enthällt een sech?*

EESTËMMEGE VOTE



### 2.9 Conventioun Ennercop/Transition Minett

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**
*Am Koalitiounsaccord hu mer festgehalen Daachflächen zur Verfügung ze stellen fir privat Investisseuren déi wëllen an alternativ Energien investéieren. Dat hei ass eng Konventioun fir esou e Projet ëmzesetzen. Den Albert Kalmes ass hei fir eis de Projet am Detail ze erklären. Ech well awer zwou Saachen zur Konventioun soen: Et ass immens wichteg, dass déi hei Anlag virum 31. Dezember gestëmmt gëtt well d'Subsiden vum Staat immens gënschteg sinn an d'nächst Joer gekierzt sinn. Dofir huelen mer d'Konventioun hei schonn mat obwuel zwou "Conditions suspensives" dra sinn: 1. Muss gekuckt ginn op d'Statik vum Daach et och erméiglecht d'Gewiicht vun der Solaranlag ze droen an 2. Dass d'Stromnetz staark genuch ass fir dee Stroum kennen an d'öffentlecht Stroumnetz anzespeisen. Soubal déi zwou Saachen gekläert sinn kennen mer déi Solaranlag installéieren. Déi kascht insgesamt 50.000 Euro, déi mir virfinanzéieren an vun der Energiekooperative zréckbezuelt gëtt soubal si déi finanziell Moyen'en huet. Jiddereen kann sech un der Kooperative bedeelegen. Dat ass einfach ze Prinzip vum Projet . Mir hunn 2007 e Solarkadaster gemeet, déi doten Anlag soll um Gemengenatelier installéiert ginn an den Här Kalmes gëtt eis elo all weider Erklärungen.*

**Albert Kalmes (Kooperative Transition Minett):**
*Dir Dammen an dir Hären, fir d'éischt emol Merci dass ech dee Projet bei iech däerf virstellen kommen. Déi Energie-Kooperative, dat ass keen Ennzelwierk. Virun dräi Joer hunn Leit hei am Süden sech zesummefonnt fir ze kucken wéi eis Gesellschaft sech soll entwéckelen. An deenen Aarbechtsgruppen ass erauskomm, dass et net schlecht wier wann d'Bierger en Deel vun der Energieversuegung an déi eegen Hand géifen huelen. Mir hunn haut zum Beispill e Projet zu Esch vun "Urban-Gardening", wou mer Gemeinschaftsgärt hunn. Mir hunn och eng Akaafs-Kooperative, do gëtt bei lokalen Produkteuren an Bio-Grossisten kaf an déi ginn verdeelt. Et gëtt keng Memberskaart bei Transition Minett, all Bierger deen well kann dorunner partizipéieren. Mir hunn haut ronn Dausend Leit déi Kontakt mat eis opgeholl hunn. Ech sinn awer haut hei fir de Volet vun der Energie-Kooperative ze vertrieden. Mir hunn eis iwwerluecht an deem Beräich wëllen eppes ze maachen an fir eemol en Zeechen ze setzen hu mer iwwert eng Solaranlag nogeduecht an wéi een esou eppes kéint organiséieren. Mir sinn jo net déi éischt déi eng Gemeinschafts-Solaranlag bauen. Et ginn der schonn eng ganz Rei am Land mee déi funktionéieren alleguerten mat enger Co-Propriétéit. All Anlag ass quasi eng Gesellschaft fir sech. Mir wëllen awer net just eng Anlag. Mir wëllen mat enger ufänken an do Experienz sammelen an da kucken am Beräich vun erneierbaren Energien weider ze furen. Déi bescht Gesellschaftsform ass do eng Kooperative. Den Haaptprinzip vun enger Kooperative ass deen dass all Member an der Assemblée generale eng Stemm huet, egal op en eng Part oder Honnert Part'en huet. Et ass also net wei an enger Aktiegesellschaft, dass deen deen méi Parten huet och méi ze soen huet. Eng Kooperative funktionéiert op méi eng demokratesch Aart a Weis wou déi déi dra sinn och kennen mat bestëmmen. 2013 hu mer eng Grënnungsversammlung gemaach mat 12 Fondateuren, mir sinn am Registre de commerce an hunn eis Statuten enregistréieren gelooss an hunn eng TVA-Nummer. Mir hunn e Verwaltungsrot mat 9 Leit an ech sinn do President. Deen trëfft sech all 14 Deeg an déi lancéieren och d'Projet'en an maachen d'Gestioun dovun. An dat alles op benevoler Basis. Dat bleift och esou. De Verwaltungsrot ass d'Executive vun der Gesellschaft mee eemol am Joer ass eng Assemblée générale vun allen Opérateuren an Décisiounen ginn do getraff. Mir wëllen ganz oppen sinn, jiddereen kann am Verwaltungsrot matschaffen. Wéi kann een elo Cooperateur ginn? Mir hunn Part'en déi kaschten 100 Euro pro Part. Mir wëssen dass mer am Süden eng aner Bevëlkerung hunn wéi zum Beispill zu Jonglënster wou déi éischt Kooperative gemaach ginn ass. Do ginn se d'Geld bei d'Leit léinen an ginn hinnen dann iwwert Joeren déi Suen erëm mat engem gewëssenen Taux d'intérêt. Wann mir esou e Modell hätten, kéinten vill Leit hei am Süden net bei esou engem Projet matmaachen. Dofir hu mer d'Part'en op 100 Euro erofgesat. All Mënsch ka matmaachen, Veräiner, Entreprisen, Gemengen. Just: kee Partner kann méi wéi 10% vun der Gesamtzomme vun allen Part'en kréien, fir keen Déséquiliber ze kréien. Nom Ofschloss vum Geschäftsjoer kann een aus der Kooperative erausgoen, da kritt een seng Suen zeréck. Nach e puer Wieder zu dësem Projet: dat ass eisen zweete Projet. Zu Esch hu mer deen éischten Projet lafen op der Sportshal zu Lalleng. Dat ass eng 30 Kilowatt-Anlag. De subventionéierten Einspeisetarif funktionéiert just op 30 Kilowatt-Anlagen. Bei méi groussen Anlagen ass keen Anbieter méi gezwongen iech de Stroum ofzehuelen. Bei 30 Kilowatt-Anlagen gëtt den Einspeisetraif 15 Joer laang garantéiert. Déi Anlagen sinn just ze bedreiwen wann een dovun kann profitéieren. Sou eng Anlag kascht 50.000 Euro. Zu Téiteng soll déi selwecht Anlag kommen wéi zu Lalleng. Et ass an deenen zwee Fäll e flaachen Daach esou dass dat méiglech ass. Déi Anlag produzéiert an der Moyenne 26.000 Kilowatt Stroum am Joer mat engem Einspeisetarif vum 0,24 Cent pro Kilowatt Stroum. Dat gëtt an der Moyenne iwwert 6.000 Euro pro Joer. Mir rechnen den Amortissement vun sou enger Anlag op 15 Joer. Mir rechnen mat engem Bénéfice vun 9.000-10.000 Euro. Mir kennen d'Wieder jo net virausgesinn. Wann een well 100 Euro investéieren, wat kritt en dann all Joer do eraus? Ech hunn iech elo all d'Chifferen ginn, mee wat mam Bénéfice geschitt, dat ass un der Assem-*

*blée générale ze décidéieren. Ech kann haut kengem e Prozentsaz garantéieren. Wéivill un d'Kooperateuren geet an wéivill fir nei Projeten an der Gesellschaft bléift gëtt do décidéiert. Da soen ech iech Merci fir d'Noolauschteren*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*A mir soen Merci fir d'Ausféierungen. Mir hunn e puer Spezialisten hei am Conseil. Huet een technesch Froen?*

**Romain Becker, Konseiller (DP):**
*Ech hunn nach aner Froen dono, mee lo zu den techneschen informatiounen: Nieft der Plaz wou de Regiebetiib läit ass en zimlech decken Hiwwel niewendrun, ass dat berücksichtegt ginn?*

**Albert Kalmes (Kooperative Transition Minett):**
*Wann der eis verspriecht dass den Hiwwel net méi grouss gëtt dann ass dat kee Problem. Mir waren eis d'Lag natierlech ukucken an natierlech och op den Daach vum Gebai. D'Ausriichtung no Süden ass ganz gutt do. Op deen Daach kéint am Fong vill méi gemaach ginn wéi dat wat mir kennen maachen. Mir benotzen ronn 200 m2. Deen Hiwwel deen ass wäit genuch ewech a spillt keng Roll.*

**Romain Daubenfeld, Konseiller (LSAP):**
*Wann een dat elo rechent, dann dauert et jo relativ laang bis dass een an der Kooperative do kann e puer Sue verdéngen. Wann een maximal 10 Prozent kann kréien an een just eng Stëmm huet, ass et méiglech dann d'Kooperateuren ze begeeschteren wann een just relativ spéit eppes kann wannen? Et ass e geféierlechen Terrain wann deen deen 10% huet dat selwecht Stëmmrecht huet wéi een deen just 1% huet, zumindest an enger normaler Assemblée générale.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**
*Dat hei ass e Projet wou et net drëm geet vill Bénéfice ze maachen. Hei geet et em de Prinzip dass mer alternativ Energien unzaapen an och un d'Stroumnetz kënnen aspeisen. Dat ass en Argument fir et attraktiv ze maachen. Et sinn 500 Part'en à 100 Euro. Zu Esch huet dat vill Uklang bei de Leit fonnt. Vill Leit hu keng Méiglechkeet eleng esou Projeten ze entaméieren well se an engem Appartementshaus wunnen oder keng Plaz hunn. Mee dir hutt Recht, räich gëtt een dobäi net.*

**Romain Becker, Konseiller (DP):**
*Um Ordre du jour hu mer zwee Punkten déi d'Anlag betreffen zum Finanzement. Ech deelen är Begeeschterung fir eng Solaranlag. Déi haart Realitéit ass awer dass Solarenergie hei am Land net gewollt ass. Et ass vum Ministère aus kloer, dass hei am Land keen Intérêt do ass fir doran ze investéieren. Et gëtt net gefördert. Firwat ass d'Limitatioun op 30 Kilowatt wann esou eng Begeeschterung do wier? Et ass onverständlech mee et ass esou. Politesch ass net de Wëllen do fir op d'Solarenergie ze setzen. Wann een iwwert d'Grenz just bis op Tréier fiert da gesäit een, dass dat funktionéiert. Mir wëllen hei am Land mat Wandanlagen fueren. Dofir iwwerrascht et mech e bëssen, dass mer hei mat esou Projeten kommen. Mir schwätzen dervun, dass d'Leit sollen e gutt Gefill hunn, mee eis Gesetzer hei am Land loossen et net zou. Wa mer iwwert d'Finanzement schwätzen: Dat hei ass am Prinzip e privaten Projet. Mir schwätzen awer hei iwwert e Préfinanzement vun der Gemeng fir e privaten Projet. Wann elo en aneren kennt fir eng Solaranlag opzeriichten da géing en eng Konventioun mat der Gemeng maachen an an de Gemengerot kommen an da wéisst ech net mat wat fir engem Argument mer deen géingen refuséieren. Da kéint en froen, dass d'Gemeng em seng privat Anlag virfinanzéiert. Ech hunn d'Kooperative mat der Nummer op Legilux gesicht an näischt fonnt. Mee dir sitt hei, et schéint iech also wierklech ze ginn. Ech gesinn just net an firwat mir fir e privaten Pprojet e Préfinanzement sollen maachen, deen zwar déi beschten Intentiounen huet dat well ech net soen. Mee dat ass net machbar.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**
*Ech kann net fir de Ministère schwätzen mee de politeschen Wëllen fir an esou Energien ze investéieren deen ass op alle Fall hei an der Koalitioun vertrueden. Ech hunn hei eng Circulaire vum Ministère, d'Nummer 3178 wou d'Gemengen déi an Solarenergien wëllen investéieren sech solle mellen. Ech kann iech nëmmen empfielen déi eemol ze liesen also ass dat och net wouer dass säitens dem Ministère kee Wëllen do ass. Hei ass de Beweis, dass dat net de Fall ass well nei Subsiden sollen kommen fir Gemengen déi an esou Projeten wëllen investéieren.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*D'Gemeng ass un d'Kooperative erugetrueden. Mir waren e bëssen ënnert Zäitdrock well de Finanzementsmodell vum Aspeisetarif ab dem 1. Januar 2015 changéiert. D'Kooperative huet och kee Préfinanzement gefrot, mee mir hunn en offréiert well mer wëllen ukommen. Fir eis als Gemeng ass et en Nullsummenspiel, well mer déi 50.000 Euro erëmkréien wann déi Part'en all fort sinn. De Risiko gëtt et fir d'Gemeng net. Esoulaang se um Dag ass vun enger Gemengepropriétéit gehéiert se eigentlech der Gemeng. Mir sinn op de Wee gaangen vun enger „Modification budgétaire" well mer wëllen ukommen. De Solarkadaster weist de Regiebetriib als gënschteg Plaz aus fir esou eng Solaranlag ze bauen. Och wann et am ganzen Land net esou ass mir géingen den Test gären maachen.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Fir d'éischt well ech soen, dass mir begréissen, dass d'Gemeng deen Daach zur Verfügung stellt fir déi Anlag opzeriichten. Wann mer erneierbar Energien wëllen promovéieren da muss d'Gemeng do och hiren Bäitrag dozou leeschten. De Finanzement mécht eis och Kappzerbrieches, dier hutt eis elo e puer Explikatiounen ginn. Trotzdem si mer der Meenung, dass d'Gemeng keng Bank ass, an dass mer dat net mussen virfinanzéieren. Ausserdem steet net dran wéini déi Suen zréckbezuelt ginn. Et stellen sech och nach aner Froen: Soulaang wéi d'Suen net zeréckbezuelt sinn ass et der Gemeng hir Anlag? Muss d'Gemeng den Uschloss maachen? Muss d'Gemeng dann déi Suen kréien vun der Energie déi agespeist gëtt an net d'Kooperative? Herno wann et ëmgeschriwwen gëtt, bleiwen dann d'Präisser déi selwecht? Dat sinn alles Saachen déi een muss berécksichtegen. Dann ass am Artikel 6 nach eng Klengegkeet, an zwar däerf den Exploitant just op den Terrain goen „en présence d'un membre du personnel de la commune". Dat ass an der Rei, mee wann dat ausserhalb den normalen Aarbechtszäiten ass, de Weekend oder Nuets wann do eppes ze kucken ass, muss een do net virgesinn dass dat indemniséierte gëtt.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Do ginn et eng Partie Méiglechkeeten fir mat der Kooperative eens ze ginn. Et verhënnert jo och näischt, dass d'Gemeng Koopérateur gëtt. Mee wat wichteg ass dat ass, dass mer aspeisen kënnen bis den 31. Dezember, dofir ass déi Diskussioun och hei an der Urgence. Wuel verstan ënnert der Virausgab, dass dat Gebai sech eegent. Fir dat anert do hu mer eng permanent Permanence. Dat sollen mer der Cooperative awer net a Rechnung stellen.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Ech mengen wann et ausserhalb den normalen Aarbechtszäiten ass.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**
*Dat ass dann awer och deen Bäitrag deen mir als Gemeng dann mussen leeschten. Dir hutt jo selwer gesot, dass der et begréisst an wann et lo dozou kennt da si mir och bereet do eisen Bäitrag ze leeschten. Fir mech perséinlech ass dat keng gréisser Saach.*

**Romain Daubenfeld, Konseiller (LSAP):**
*Ech hunn dem Här Becker seng Interventioun verstanen, dass mer 50.000 Euro mussen virfinanzéieren an wéi mer déi erëm kréien. Wann en aneren kennt, an en huet e gudde Projet, da mussen mer als Gemeng erëm eng Kéier dat selwecht maachen. Mir probéieren elo mol eppes, et ass e gudden Projet, wann muer e bessere kennt da gesinn ech net an firwat mer deen net och solle maachen.*



**Romain Becker, Konseiller (DP):**
*Ech géing gären froen fir déi Circulaire ze kréien well ech sinn net am Geheimnis vun de Ministèren dran. Ech deelen jo är Begeeschterung. Ech hätt am léifsten mir kéinten de ganzen Daach zoutesselen, mee mir kennen et net. Awer nach eng Kéier zu der Konventioun: Den Uschlosspunkt vun der Anlag selwer, wéi gesäit dat aus? Muss do en Uschloss gemaach ginn? Gëtt do just e Compteur gesat? Wee bezilt dat wann d'Anlag virfinanzéiert gëtt vun der Gemeng, da missten mir dat jo och bezuelen? Wéi ass dat geregelt.*

**Albert Kalmes (Kooperative Transition Minett):**
*Mir hunn en Devis deen virläit. An deem Devis ass alles mat dran. De gesamten Uschloss-Volet ass do enthalen. Am Prinzip si mer net sécher ob mir är 50.000 Euro brauchen. Mee ech si frou dass d'Gemeng dee Schrëtt fir eis gemaach huet, well wann dat elo am Januar wier da wier dee Schrëtt hei guer net néideg well mer méi Zäit hätten. Mir sinn elo am Zäitdrock. Ech gesinn do näischt hannendrun, a kann mer net virstellen, dass mer eis net eens ginn well dir hutt déi total Mainmise op deem Projet. Mir si just „toleréiert". Et gëtt kee Risiko fir d'Gemeng. Dat hei ass kee politesche Projet mee eng Biergerbeweegung. Mir maachen eppes well d'Politik vläicht net an déi richteg Richtung geet. Mir wëllen weisen, dass esou eng Kooperative funktionéiert. Mir sinn an Zukunft och op fir Eoliennen, mee mir kennen elo net ufänken mat enger Eolienne, dat muss der awer och verstoen.*

**Romain Becker, Konseiller (DP):**
*Mir mussen hei awer am Sënn vun eiser Gemeng schaffen an dat ass dat wat mir hei maachen. Déi 50.000 brauch dir vläit net, sot dir. Mee wéi an no wéi engen Délaien soll dat zréckbezuelt ginn? Hänkt dat dovun of wéi séier, dass dat Finanzement zesummekënnt, wéivill Parten, dass der wéini verkaaft?*

**Albert Kalmes (Kooperative Transition Minett):**
*Et hänkt dervun of wéi schnell, dass mer déi 500 Parten verkafen. Mir hu jo nach keng Kampagne gemaach, dat kennt eréischt hannendrun. Zu Esch hu mer och nach keng Kampagne gemaach an hunn einfach esou duerch Mund zu Mund Propaganda stinn mer mam Finanzement gutt do. Dir kritt äert Geld sou séier wéi méiglech zeréck, ech rechnen am Laf vum nächste Joer.*

**Romain Becker, Konseiller (DP):**
*Dann ass et jo sou, dass am Prinzip dee Stroum deen erakënnt, bis dass d'Anlag der Kooperative gehéiert vun der Gemeng bezuelt gëtt. Da muss een sech froen ob d'Gemeng net en Deel vun de Part'en soll huelen fir dass dat Finanzement virugeet. Dir hutt all meng Sympathien mee mir mussen hei fir d'Gemeng schaffen. Dat wier awer méi e logesche Schrëtt wann d'Gemeng en Deel vun de Part'en géif iwwerhuelen.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Wann der erlaabt, dat ganzt huet jo och e pedagogeschen Hannergrond: D'Kampagne soll dozou bäidroen de Sënn vum Bierger fir alternativ Energien ze schärfen. Wann d'Gemeng intervenéiert dann net à ce stade précoce, fir d'éischt kucke mer mol wéivill Amateuren dass et ginn. A wann mer da wëllen kafen da kennt dat hei an de Gemengerot an dann décidéieren mir dat zesummen. Ech well kloer soen, dass déi éischt Analysen vun deem Daach, ob en sech eenegt, net drop hiweisen, dass deen Daach sech extrem gutt eegent fir eppes drop ze setzen. Mir diskutéieren hei also iwwert eppes wat wierklech ënnert enger riseger Condition suspensive leeft. Dat well awer net heeschen, dass mer net fundamental déi Diskussioun sollen féieren.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Wéi scho gesot mir begréissen et, dass d'Gemeng deen Daach zur Verfügung stellt. Wat mer net begréissen ass dee Préfinanzement, dofir enthalen mer eis beim Vote.*

**Patrick Krings, Konseiller (DP):**
*Wéi den Här Becker et schonn gesot huet ass DP ganz fir esou e Projet. Mir sinn mat der Konventioun d'accord mee dono beim Préfinanzement wäerten mir eis enthalen.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**
*Ech kréien hei e Message deen sech widdersprécht: Mir sinn dofir mee mir enthalen eis. Also éischtens emol ënnerstëtzen mir hei eng Biergerinitiative, mir als Vertrieder vun de Bierger sollen dat ënnerstëtzen. Wat de Préfinanzement ugeet: dat Allerschlëmmst wat eis kann geschéien dat ass, dass eis dono eng Solaranlag gehéiert an ech mengen dat ass net negativ, dofir begréissen ech deen hei Projet.*

**Romain Daubenfeld, Konseiller (LSAP):**
*Dat widdersprécht sech wierklech. Op där enger Säit sollen mer an d'Kooperative mat eragoen an op där anerer Säit enthalen mer eis fir e Préfinanzement. Wéi passt dat zesummen?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Mir loossen hei jiddereen an senger Logik, lo stellen mer et mol zum Vote, wéi gesot mat der Condition suspensive. Déi déi mat der Conventioun d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen, ween ass dergéint? Ween enthält sech?*

**LSAP, Déi Gréng an DP dervir, CSV enhällt sech**

## 3. Reglementer

### 3.1 Ännerung vum Polizeireglement

### 3.2 Ännerung vum Reglement iwwert de Registre de la population

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Da kommen mer zu de Reglementer. Eisen Populatiounsbüro an den techneschen Dingscht sinn schonn eng Zäitchen hannert dem Schäfferot fir eng Partie Modifikatiounen vun de Regelen ze maachen. Ganz oft stellen mer fest, dass mer eng Baugenehmegung an der „Faible Densité" fir zwou Wunnengen erausginn an dono stinn véier Breifkëschten do an et wunnen véier Familen dran. Dat ass eng Situatioun déi par rapport zum Bautereglement net conforme ass an och bedeit, dass mer Saachen virgegaukelt kréien. De Service technique huet Kontakt mam Populatiounsbüro geholl fir ze soen dass se keng véier Famillen kennen umellen wann der zwou erlaabt sinn. Ech hunn en Deel vun der Jurisprudenz iwwert dat Thema gelies well där ginn et der ganz vill. D'Gemeng Mondorf hat do e risegen Problem virun enger Rei Joeren well se Leit ugemellt hunn um Camping. Et huet zing Joer gedauert fir déi do nees ofzemellen. Dofir mussen mer eis Gedanken maachen wéi mer do virginn well mir hei zu Käl, wéi an de meeschten Gemengen am Land och, Regelen hunn, dass wann een heihinner wunnen kennt da muss een sech umellen. Wann een dat net mécht da riskéiert een eng Strof. Et gëtt also eng Disposition pénale. Dorun sinn schonn eng ganz Partie Gemengen gescheitert. Da gëtt gesot: Nee do gees du net an d'Zone verte wunnen an dann ass vum Affekot gesot ginn, dass een sech muss umellen. Da kennt een an eng Konfliktsituatioun well d 'Reglement iwwert d'Populatioun eppes aneschters ausseet wéi mir politesch wëllen. Mir maachen am Fong een strofbar wann mer en net umellen. Dat war e Kampf fir erauszefannen wéi een sech do soll ustellen, ech weess och net op dat hei duerchgeet um Niveau vun der Autorité Supérieure. Mir sinn lo an déi Richtung gaangen, dass mer soen: A verschiddenen Zonen gëtt kee méi ugemellt well et zum Beispill eng Zone ass wou just zwee Stéit dierfen liewen. En attendant, dass de PAG ofgeännert gëtt. Parallel mussen mer am Populatiounsrèglement natierlech déi Dispositioun eraus huelen, dass déi Leit bestrooft ginn déi sech net kennen umellen. Wann d'Gemeng e Gebai als insalubre erkläert a mir een net do umellen da fält d'Stroofbarkeet och aus. Mol kucken wat de Ministère de l'Intérieur dozou seet. Dat ass net esou einfach dat duerchzesetzen. Mee mir mussen e bëssen Uerdnung do schafen. Ech hunn an enger Zeitung gelies, dass an der Banlieu parisienne „Pavillons de banlieue" opkaf ginn sinn an dann kleng Wunnengen vun 20 m2 entstinn déi dann verlount ginn. Et geet och an déi Richtung fir dat ze verhënneren. Mir versichen hei Taudis'en ze verhënneren. Ech well dem Gemengerot awer och net virenthalen, dass den 1. Juli 2014 sollten déi nei Dispositiounen iwwert de Populatiounsregester vun de Gemengen iwwert e Règlement grand-ducal geregelt ginn. Ech weess net firwat mee et ass postposéiert ginn op den 1. Januar 2016. Also dat wat mir elo maachen bezitt sech lo mol op den Zäitraum vun haut bis den 1. Januar 2016. Mir wëllen deen Effort awer maachen fir op de Problem hinzeweisen. Am Detail: An allem wat provisoresch ass däerf keen ugemellt ginn an der "Zone de faible densité" däerfen net méi wei zwou Habitatiounen sinn, an de Roulotten an Campingcaren mellen mer och kee méi un an an de Cafészëmmeren mellen mer keen un wann de Pompjeeskommandant seet, dass se net conforme ass. Dat hei ass net aus der Loft gegraff, mir hunn do e reeellen Problem. Mir schafen eis hei eng minimal Handhab.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Ech gesinn dat ganzt regelméisseg an der Bautekommissioun. De Problem gëtt et net nëmmen bei existéierenden an alen Konstructiounen mee och bei neien Pläng déi kommen: An der "faible densité" gesäit een, dass virbereet gëtt fir dräi Stéit ze maachen. Mir hunn jo do och de Problem, dass keng Parkplazen do sinn. Et ass net nëmmen an der „faible densité" mee och an aneren Gebaier. Et misst een also dra schreiwen, dass net méi Stéit ugemellt ginn wéi d'Baugeneemegung autoriséiert. Et kann net sinn, dass dono duerch kleng Transformatiounen méi Wunnengen entstinn an sou d'Bauterèglement ëmgaangen gëtt. En aneren Problem ass, dass déi Lei déi an Cafészëmmeren wunnen och keng Suen hunn fir sech eppes aneschters ze leeschten. Et muss een kucken wéi een deenen kann entgéint kommen déi Problemer hunn en normalen Loyer ze bezuelen. Deenen misst een eng reell Méiglechkeet ginn ënner Daach ze kommen. Mir hunn eis och gefrot wéi et mat de Wunnengen ass déi de Pompjeeskommandant als net conforme ugesäit. Muss een do d'Règlements de sécurité déi iwwerpréift ginn net méi präziséieren? Kann hien se einfach als non-conforme déclaréieren? Ass dat sécher genuch?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Jo, dat ass sécher genuch well am neien Text steet, dass den Avis vum Pompjeeskommandant gefrot gëtt. A mengen Aen hu mer do Base légale genuch. D'Règlements de Sécurité sinn an eisem Bautereglement an am Reglement iwwer d'Pompjeeswiesen niddergeschriwwen. Ech si ganz d'accord mat ärer Remarque, dass d'Zuel vun de Logementer net däerf déi iwwerschreiden déi d'Baugenehmegung virgesäit. Dat ass eng gutt Handhab. Mir aktéieren dat dann.*

**Romain Daubenfeld, Konseiller (LSAP):**
*Mir mussen dat méi kontrolléieren. Et wier wichteg wann mer eng Bautepolizei hätten déi d'Leit géingen kontrolléieren. Et geet net duer, dass mir et genehmegen an dono gëtt aneschters gebaut. En aneren Problem ass, dass d'Logementer ze deier sinn. Dat ass en nationale Problem deen mir net kennen klären. Wann mer déi Problematik wëllen upaken dann mussen mer als Gemengen all zesummen bei de Staat pilgeren. Mir haten mol e Premier deen 1986 sot: de Logement ass Chefsaach an bis haut ass näischt geschitt. Ech hunn do net ganz vill Hoffnung.*

**Viviane Petry, Konseiller (déi gréng)**
*Als gréng Fraktioun sinn mer och frou, dass mer elo e Moyen hunn fir deem entgéint ze wierken. Leit déi a prekären finanziellen Situatiounen an Cafészëmmeren wunnen an do nach ausgebeut ginn, do mussen mir als Gemeng eis Verantwortung iwwerhuelen fir de Leit Méiglechkeeten ze ginn op Wunnengen zréck ze gräifen déi net esou deier sinn. Do huet een d 'Méiglechkeet als Gemeng zum Beispill eng Konventioun mat enger AIS (Agence Immobilière Sociale) ze maachen. Mir hu vill eidel Wunningen hei zu Käl wou Propriétairen vläicht duerch eng ALS sech géingen bereet erklären déi ze verlounen.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*De Vertrieder aus dem Schäfferot wäert da sécher eemol mat enger konkreter Propositioun kommen.*

**Romain Becker, Konseiller (DP):**
*Dat ass en Thema wat ëmmer ganz wichteg ass. D'Bautreglement dat huet een well een eng Idee hannendrun huet. Wat mer hei wëssen dat ass, dass Leit hei an der Gemeng einfach an enger Garage wunnen. Et ass net méiglech, dass Leit esou mussen wunnen. Et misst een do sinn deen dat géing kontrolléieren. Et misst en Kadaster vertikal vun all Residenz an Uertschaft gemaach ginn fir den Iwwerbléck ze kréien. Ech weess awer net ob dat erlaabt ass. Als Gemeng muss een sech Dossieren do uleeën. D'Fro ass elo: Situatiounen déi geschaf sinn, déi kann een jo wahrscheinlech net änneren? Wann dräi Wunnengen geschaf ginn sinn an et wunnen der fënnef do da kennen mer déi zwee aner jo net eraus geheien. Wann een et well kontrolléieren da muss een Leit hunn déi dat vum Gesetz aus kennen maachen, eng Bautepolizei. Soss kritt een keen Iwwerbléck. Dat anert Thema läit eis och um Häerz, dass Leit an enger Situatioun liewen an sech et net aneschters leeschten kënnen. Dat ass e grousse Problem deen mer awer net op Gemengenniveau hei geléist kréien. D'Cafészëmmeren hunn ëmmer de Ruff, dass et grondsätzlech just Bedrug ass. Dat muss jo net onbedingt sinn. Se erlaben et awer, dass Leit eng Wunneng hunn an eng Adresse hunn an wann déi Zëmmeren an der Rei sinn*

*dann ass jo awer näischt géint de Prinzip ze soen. Do misst een just eng gewëssen Sécherheet ginn, dass déi Leit ënner anstännegen Conditiounen wunnen. Mir als Gemeng hunn net all Hand op déi Thematik. An Zukunft brauchen mer Leit déi dat do kontrolléieren, mir mussen eis deen Moyen awer ginn.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Ech mengen, dass mer hei de Fanger op déi richteg Plaz gesat hunn, quitte dass dat hei net d'Bibel ass mee mir fänken mol un Jalonen ze setzen. Ech wollt proposéieren dem Här Weiler seng Formulatioun mat eran ze huelen. Wat den Kadaster vertikal ugeet, Här Becker, deen ass net obligatoresch. Et ass gesot ginn, dass d'Leit déi keen Kadaster vertikal gengen maachen hir Appartementer net méi kéinten verkafen. Do ass awer ënnerschätzt ginn, dass fir e Kadaster vertikal iwwerhaapt ze maachen muss an der Coopropriétéit eng Majoritéit dofir stëmmen. Wéi ech Buergermeeschter gi sinn hat ech eemol mam Här Bemtgen riets vun Kadasteramt an hien huet gefrot, dass mir hinnen e Bréif schécken, dass si sech och mussen un d'Bauterèglement vun der Gemeng halen. An dee Bréif hu mir gemaach. Wann elo an der Faible densité en Appartementshaus verkaf gëtt wou dräi Appartementer dra sinn, do ass et iwwerhaapt net méiglech e Cadastre vertical ze maachen well si wëssen, dass do just zwou Wunnengen autoriséiert sinn. Mee et ass eréischt am Moment vum Verkaf wou et opfällt a wou mer eng Sanktioun kënnen applizéierten. Sou, ech stellen dat hei dann zum Vote, mir maachen zwee Voten, fir d'éischt fir d'Polizeirèglemnt ze änneren an dann d'Règlement iwwert de Registre de la population. Ween ass domat d'accord, ween ass dergéint, ween enthält sech?*

EESTËMMEGE VOTE

### 3.3 Ännerung iwwert d'Reglement vum Bulletin Communal

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*D'Sekretariat proposéiert dass mer déi Praxis déi mer agefouert hunn nodeem mer de Live-Streaming kritt hunn, elo formaliséieren. Et gëtt en Verbatim gemaach vun deem wat hei diskutéiert gëtt vun engem Member aus dem Sekretariat, an eng franséisch Iwwersetzung déi un en Drëtte ausgelaagert ass. Et gëtt eng Indemnitéit fixéiert un 500 Euro pro Sitzung fir deen een an fir deen aneren. Beim Verbatim brauch een jo näischt ze iwwerliesen, do gëtt jo just dat niddergeschriwwen wat gesot gëtt. Et bléift also just nach d'Iwwersetzung ze regelen wéi den Droit de Regard ass an dee gouf festgehalen op 7 jours franc. Dat ganzt ass retroaktiv applicabel well mir fueren jo no deem System zënter dem 1. Januar.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Mir hunn eis Froen gestallt zu der Indemnitéit vun 500 Euro. Bei der Iwwersetzung hu mer kee Problem domat well dat jo ausgelaagert gëtt. Mee wann de Secrétaire Communal de Verbatim während senger normaler Aarbechtszäit mécht firwat kritt en dann eng Indemnitéit vu 500 Euro?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Fir dass dat kloer ass, d'Madame Braconnier an d 'Madame Rommes maachen dat ausserhalb vun hiren normalen Aarbechtszäiten, dat géingen si och soss guer net packen.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Dee Moment sinn mer natierlech d'accord.*

**Nadine Braconnier (Gemengesekretärin):**
*Beim beschten Wellen wéisst ech net wéi et géif goen fir dee Bericht op der Aarbecht ze schreiwen. Dat sinn em déi 35 Stonnen Aarbecht. Dat wier net emol méiglech mat där normaler Aarbecht déi mir hunn, dofir maachen mir dat doheem.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Här Weiler ech well iech soen, dass virun dësem Joer ass dat jo ouni Indemnitéit gemaach ginn an hei op der Aarbecht. D'Madame Rommes huet dat geschriwwen. Dir kennt iech net virstellen wat dat fir eng Aarbecht ass. Ech hunn dat ëmmer gesinn. Et ass besser, dass si dat an hirer Fräizäit maachen an et indemniséiert kréien an sech hei op der Aarbecht kennen op déi wichteg an urgent Saachen am Sekretariat kënne bekëmmeren.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Domat hu mir guer kee Problem.*

**Romain Becker, Conseiller (DP):**
*Mir hunn eis déi selwecht Fro gestallt mee d'Äntwert ass awer kloer. Mir fannen et gutt, dass et elo vun enger Persoun gemaach gëtt déi Themaen och kennt, dat heescht et ginn keng Interpretatiounsschwieregkeeten. Een deen derbäi war kann dat do méi fléissend maachen. Mir denken, dass dat do eng gutt Léisung ass a wëssen, dass et vill Aarbecht ass.*

**Nadine Braconnier (Gemengesekretärin):**
*Am Ufank vum Joer war et jo aneschters virgesinn. Et sollt béides ausgelaagert ginn well mir hunn eis net drëm gerappt et ze maachen well et wierklech vill Aarbecht ass an relativ séier muss gemaach ginn mee wann en Aussestehenden dat mécht dann ass et fir deen ganz ganz schwéier fir alles richteg opzefaassen well en an den Themaen net dran ass. Ech wollt och soen, dass ech den Här Wagner gefrot hunn fir sech hei unzeschléissen, mee hien huet dat ofgelehnt sou dass d'Madame Rommes an ech dat da maachen.*



**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Da loosse mer dat zum Vote kommen. Ween ass domat d'accord, ween ass dergéint, ween enthält sech?*

EESTËMMEGE VOTE

*3.4 Reglement iwwert Bébé-nageurs*

*John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):*
*Da kommen mer zu e bëssen méi liichter Kost, d 'Reglement iwwert d'Bébé-nageurs fir ze kucken wéi dat soll funktionéieren. Fro un iech: Sinn do Remarken ze maachen? Wann dat net de Fall ass géing ech iech proposéieren dat esou unzehuelen. Deen deen domat d'accord ass bieden ech em en Handzeechen. Ass een dergéint? Enthält een sech? Merci och fir dee Vote.*

EESTËMMEGE VOTE

*Romain Daubenfeld, Konseiller (LSAP):*
*Entschëllegt mech Här Buergermeeschter ech muss goen, ech muss leider schaffen.*
*Sortie Romain Daubenfeld*

## 4. Schoulwiesen

### 4.1 Schoulorganisatioun, Plan de Réussite scolaire an Plan d'encadrement périscolaire

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Sou da géifen mer déi definitiv Organisation scolaire, de Plan de Réussite scolaire an den plan d'encadrement périscolaire virstellen. D'Madame Petry huet sech dozou bereet erkläert.*

**Viviane Petry, Konseiller (déi gréng):**
*Den PRS mussen mer net duerchhuelen. Deen hate mer bei der provisorescher Organisatioun diskutéiert. Wat sinn d'Changementer vun der definitiver par rapport zu der provisorescher Schoulorganisatioun? Déi sinn op zwee Niveauen. 1. Ass se kompletéiert am Index an duerch verschidden Annexen. 2. Hu verschidden Chifferen geännert. D'Kannerzuelen sinn à jour gesat ginn. Do waren Changementer iwwert d'Vakanz.*

*Am Précoce sinn elo 60 Kanner, dat heescht ee Kand manner wéi virgesinn.*

*Am Cycle 1 Spillschoul sinn 192 Kanner, also 7 Kanner manner.*

*Am Cycle 2.1 sinn 90 Kanner, also zwee méi.*

*Am Cycle 2.2 an 3.1 ass näischt verännert.*

*Am Cycle 3.2 ass ee Kand méi, so sinn der elo 101.*

*Am Cycle 4.1 si véier Kanner manner do sinn der elo 84.*

*Am Cycle 4.2 do sinn zwee Kanner méi sou dass dat der elo 86 sinn.*

*Am ganzen heescht dat, dass mer acht Kanner manner an der definitiver Schoulorganisatioun stoen hunn. An der Annexe 1 op Sait 25 stinn elo d'Posten wou Remplacementer stattfannen. D'Annexe 2 ass d'Occupation des Postes, déi ass nei derbäi komm, do stinn all Titulairen vun de Klassen dran, plus sämtlech Appui-, Accueil-, Décharge- a Moralsstonnen – och d'Instruction religieuse an d'Schwammen an Turnen. D'Annexe 3 ass de Relevé vun de Kanner aus der Gemeng. D'Annexe 4 ass d'Evolution démographique. Déi ass spannend well se vill geännert huet. 35 Kanner sinn während deenen Méint elo bäikomm. Dat bedeit wann déi all an d'Spillschoul ginn da brauchen mer zwou Spillschoulsklassen an véier Joer méi wéi mer der elo hunn. Do hoffen mer, dass mer dann um Widdem nach Schoulraum hunn fir déi Kanner hinzesetzen. D'Annexen 5 a 6 ginn iwwert de Comité d'école. Fir d'éischt e Procès verbal vun der Wahl vum Comité an dat anert ass d'Repartition des tâches wéi si se opgedeelt hunn plus d'Coordinateurs vum Groupe de travail iwwert de PRS déi och nach do dran stinn. D'Annexe 7 vun der LASEP ass onverännert. An den Annexen 8 an 9 sinn d'Surveillancepläng derbäi komm fir virun a no der Schoul, an de Pausen an en cas d'intempéries. D'Annexe 10 ass e Bréif vum Ministère mam Accord vun 17 supplémentairen Stonnen fir de PRS. D'Annexe 13 ass d'Konzept vum Zwergeland. Dat ass op Wonsch vum Inspekter drugehaangen ginn. D'Annexe 11 ass den PEP. Deen ass jo nei ausgeschafft ginn, also déi 2. Versioun. Et ass versicht ginn e Wee ze fannen fir eng besser Zesummenaarbecht tëschen der Schoul an der Maison relais. Ausgeschafft hunn vu Säiten vun der Maison relais de Paolo Frising an d'Carine Pauly, vun der Ecole fondamentale waren et d'Presidentin vum Comité d'école, d'Malou Olsem, a fir de Service scolaire war d'Pascale Ravarani bedeelegt. Vun der Form hir gëtt et eng Ännerung, Gesetzestexter sinn och am Dokument zitéiert. Zum Personal: et ass d'Equipe professionelle vum Site déi sech zesummesetzt tëschent dem Personnel enseignant vum jeeweilegen Site mam Personnel socio-éducatif vun der Maison relais. Et sinn dräi Siten. De Site Kayl mat der Maison relais Widdem, d'Maison relais Faubourg, d'Maison relais Veräinshaus an der Ecole fondamentale vu Kayl (Batiment Widdem.) De Site Téiteng ass d'Maison relais Téiteng an d'Ecole fondamentale (Bâtiment Nuel), an dann de Site Téiteng dat ass d'Maison relais Zwergeland, d'Alexandraschoul, d'Ecole fondamentale vu Kayl (Batiment Zwergeland an Alexandraschoul). Dono gett da gekuckt wou d'Interaktioun ass tëschen dem Schoul-*

*personal an dem Personal vun der Maison relais. Hei zu Käl ass dat op verschidden Niveauen:*

1. *E regelméissegen Austausch tëschen der Presidentin vum Comité d'école an engem Responsabelen vun der Maison relais.*

2. *E regelméissegen Austausch tëschen de Coordinateur de Cycle vun der Schoul an den Agents socio-pédagogiques vun der Maison relais.*

3. *Participatioun vum Schoulpersonal bei Aktivitéiten déi ausserhalb vun der Schoul organiséiert ginn vun der LASEP. Während dem Joer muss eng Analyse gemaach ginn an et muss definéiert ginn wéi déi Aktivitéiten kennen zesumme gehalen ginn, zum Beispill gëtt et eng Méiglechkeet am Léiergaart eng Zesummenaarbecht ze maachen, am Sportsprojet „Eltere maache mat"?, e gemeinsamt Kannerfest oder eng Kannerzeitung. Et ass net esou einfach do eng Zesummenaarbecht hinzekréien well en ënnerschiddlechen Statut besteet tëschen deenen Leit, se hunn verschidden Aarbechtsstonnen.*

4. *Relevé vun den Infrastrukturen déi fir den PEP gebraucht ginn. Do kann zu Käl de Videossall an d 'Bibliothéik gemeinsam benotzt ginn. Zu Téiteng sinn dat de Video- an de Bastelsall, de Bewegungsraum, d'Bibliothéik an d'Kichen. Am Zwergeland kennen de Sportsraum, d'Kichen an de Bewegungsraum gemeinsam genotzt ginn. Aner Infrastrukturen sinn d'Sporthal, d'Schwämm, d'Schungfabrik, zwee Multisport-Terrainen, de Site Vir-Bruch wou de Fierschter ass, d'Jugendhaus an de Léiergaart.*

5. *Da gesäit de PEP vir, dass d'Kanner Zougang zu verschiddenen Ressourcen hunn wéi eng Bibliothéik an eng Mediathéik. Do ass och elo e Schlëssel accordéiert ginn fir d'Personal vun der Maison relais fir kennen Saachen ausléinen. Dann kulturell Ressourcen an Activités d'animation musicale an artistique: do muss definéiert ginn wei do kann eng Zesummenaarbecht stattfannen. Da ginn Aktivitéiten proposéiert wou Kanner Erfahrungen maachen am sozialen, sproochlechen an psychomotoreschen Beräich. Do ass virun allem d'Maison relais déi do Aktivitéiten ubitt. Gewënscht ass eng Hausaufgabenbetréiung vum Ministère. Et ass awer elo esou, dass hei zu Käl d'Schoulpersonnal awer de Choix gemaach huet fir den Appui pédagogique ënner enger anerer Form wéi der Hausaufgabenbetreiung ze leeschten. Ustrengungen mussen och nach gemaach ginn am Beräich vun den Infrastrukturen. D'Restauratioun vun de Kanner ass assuréiert iwwert d'Restauration scolaire an den Accueil virun an no de Schoulstonnen fënnt jo och statt.*

6. *Dono kommen d'Horairen. Déi formal Bildungszäiten sinn virgezeechent. Déi Stonnen sinn gratis. Déi Non-formal Bildungsstonnen mussen bezuelt ginn an do huet och d'Maison relais d'Verantwortung. Mir hunn jo nach kee Précoce mat Ganzdaagsbetreiung iwwert d'Mëttesstonn. Et ass awer esou, dass d'Léierinnen mueres vun halwer 8 un en Accueil assuréieren an d'Educatricen no der Schoul bis halwer 5 eng Surveillance maachen. Am Préscolaire ass den Accueil vun der Maison relais, d'Surveillance an den Appui gedeelt, Mëttesstonn iwwerhëlt d'Maison relais. Méindes, Mettwochs a Freides no de Coursen iwwerhëlt nees d'Maison relais.*

7. *Dono kommen d 'Vakanzaktivitéiten. Déi sinn och am Dokument mat dran. Dat ass eng Opzielung vun Klubben hei zu Käl wou och nach keng regelméisseg Zesummenaarbecht ass.*

8. *Op der leschter Säit stinn dann d'Remarken wou Allegueren d'Horairen vum Schoulpersonal, dem Personnel socio-éducatif steet … (nët ze verstoen) Dass nach eng Verbesserung kann kommen an der Zesummenarbescht am Transport a bei den Aktivitéiten … (nët ze verstoen).*

*Voilà souvill dozou.*

**Patrick Krings, Konseiller (DP):**
*Jo et gesäit een, dass déi Dokumenter ëmmer méi deck ginn. Dat ass och net schlecht well mir gesinn ganz genee wat an de Schoulen leeft. Ech hunn e puer Saachen. Z.B ginn mer drop higewisen, dass mer mat der Entwécklung vun eiser Populatioun méi Schoulraum brauchen. Do mussen mer oppassen. Et gëtt hei geschafft an mir hoffen, dass wann weider gebaut gëtt, dass dru geduecht gëtt Schoulraum ze schaaffen. Och am Faubourg hunn mir jo e Problem mat der Sécherheet vum Gebai an och energietechnesch ass et net wéi et soll sinn. Domat mussen mir eis a ganz noer Zukunft beschäftegen.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Merci Madame Petry fir är Ausféierungen. Här Krings, mam Faubourg beschäftegen mir eis, dat ass bal sprochräif. Wann d'CSV keng Remarken ze maachen huet da geng ech de PRS an de PEP zum Vote stellen an bieden iech em en Handzeechen.*

**EESTËMMEGE VOTE**

**5.1 Festleeën vum Impôt foncier**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Beim Impôt foncier proposéiert de Schäfferot den Hiewesaz net ze changéieren. Sinn do Wuertmeldungen? Ech gesinn dat ass net de Fall, da stellen ech en esou wei e war zum Vote. Ween ass domat d'accord?*

**EESTËMMEGE VOTE**

**5.2 Festleeën vum Impôt commercial**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Den Impôt commercial loossen mer och wéi mer en elo haaten also op 325%. Ween ass domat d'accord?*

**LSAP, Déi Gréng an CSV dervir, DP enthällt sech**

**5.3 Indemnitéit fir d'Redaktioun vum Bulletin Communal**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Dann d'Indemnitéiten iwwert de Bulletin iwwert dat wat mer elo grad geschwat hunn. Déi geng ech och zum Vote stellen. Ween ass domat d'accord?*

**EESTËMMEGE VOTE**

**5.4 Modification budgétaire fir de Prefinanzement vun der Solaranlag**

**5.5 Modification budgétaire fir d'Remboursement vum Prefinanzement vun der Solaranlag**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*D'Passe d'armes ass jo schonns eriwwer. Dépense vun der Virfinanzéierung setzen mer an de Budget a loossen déi ofstëmmen. Ween ass domat d'accord?*

**Romain Becker, Konseiller (DP):**
*Ech wollt awer eng Erklärung ginn. Mir enthalen eis do. Dat huet näischt mam Projet ze dinn. Et huet just domat ze dinn, dass mir eis all Joer d'Méi maachen an zwou Sëtzungen iwwert de Budget ze kommen. Am Projet vum Budget sot der eis wat der Wëlles hutt ze maachen an dann maachen mer relativ oft iwwert d'Joer Modifications budgétaires. Hei wonnert et eis well dat hei eppes ass wat dir an ärem Koalitiounsofkommes stoen hutt. Et ass erstaunlech, dass et lo réicht zu engem Zäitpunkt gemaach gëtt wou et dréngend gëtt fir et ze maachen. Tatsaach ass, dass mer eis enthalen well mir e Budget virgeleucht kréien deen op purer Fantasie berout. Entweder dir wësst wat dir am Laf vum Joer wëllt maachen oder dir wësst et net. Da brauchen mer hei kee Budget ze stemmen da kennen mer allegeurten doheem bleiwen. Eis Enthalung huet just domat ze dinn.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Här Becker, dir beméit iech fir mech aus der Rou ze bréngen mee dat wäert iech net gelénge. Mir huelen är Kritik ganz gären un mee mir bleiwen awer dobäi déi Modifikatioun ze maachen. Déi déi domat d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen.*

**LSAP + Greng dervir, CSV dergéint, DP enthält sech**

## 6. Syndikater

**6.1 Adhésioun vun der Gemeng Walfer an de Sigi**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Bei der Fro em d'Adhésioun vun der Gemeng Walfer an de SIGI mengen ech net, dass grouss Diskussiounen néideg wieren. Et ginn nach ëmmer Gemengen déi gemengt hunn si gengen mat hirer eegener Informatik eens ginn an sech awer elo wëllen ralliéieren. Wuertmeldungen? Nee, dann bieden ech déi déi mat d'accord sinn em en Handzeechen.*

**EESTËMMEGE VOTE**

**6.2 Modalitéiten fir den Austrëtt aus dem Syndikat PROSUD**

*John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):*
*Hoffentlech ass dat hei fir d'Lescht wou mer iwwert de PROSUD schwätzen. Se hunn hir Conditions de sortie geschéckt déi se mam Distriktskommissär ofgemaach hunn. Anscheinend ass et net esou heefeg, dass Gemengen aus Syndikater eraus ginn. Se hunn eis Conditiounen geschéckt wou een sech eigentlech keng aner erwaarde konnt. Wat vum Capital Recht bléift soll dem Syndikat erhalen bleiwen fir Kompensatiounsmoossnahm fir d'Personal ze bezuelen. Dat ass en Deal op deen een kann agoen. Ech well proposéieren, dass mer déi Modalités de sortie hei guttheeschen. Et ass e bëssen urgent well déi aner Gemengen et jo och nach mussen guttheeschen. Dofir maachen mir schonn muer de Moien en Courrier un de President vun PROSUD, dass déi Conditiounen ugeholl sinn. Wuertmeldungen?*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Ech si frou, dass et endlech konkret gëtt, et huet immens laang gedauert bis do eng Reaktioun komm ass an mer droen déi Conditiounen déi absolut an er Rei sinn natierlech mat.*

**Romain Becker, Konseiller (DP):**
*Ech fannen, dass mer als Gemeng Käl hei awer och en Signal un d'Syndikater ginn, dass et méiglech ass aus engem eraus ze goen wann een valabel Argumenter huet an wann een sech hannendrun setzt. Ech stinn de*

*Syndikater, an dat ass bekannt, kritesch géigeniwwer well et enzitt sech der demokratescher Kontroll vun engem Gemengerot sou wéi et organiséiert ass. Wann een awer den Androck huet, dass et net méi funktionéiert muss een awer d'Meiglechkeet hunn fir aus engem Syndikat eraus ze goen. Ech hunn nach net oft héieren, dass eng Gemeng et gemaach huet an et ass wichteg, dass se gesinn, dass et méiglech ass.*

*John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):*
*Jo mee am Gemengegesetz steet och dass 2/3 vun de Gemengen mussen d'Accord sinn. Ween elo heimat d'accord ass deen bieden ech em en Handzeechen.*

EESTËMMEGE VOTE

## 7. Club Senior an Jugendtreff Käl/Téiteng

### 7.1 Convention 2014 Club Senior

**Marcel Humbert, Schäffen (LSAP)**
*Merci Här Buergermeeschter, dir Dammen an dir Hären, mir hunn eng Conventioun wat de Club Senior betrëfft mat Rëmeleng zesummen. Dir hutt se virun iech leien. Et geet haaptsächlech em d'Fraisen an em d'Gehälter. Dat Ganzt kascht 228.989 Euro. Dovun bezillt de Staat 87%, dat sinn der 199.220,43 Euro. Déi zwou Gemengen zesummen bezuelen 13%. Dat mécht e Chiffer vun 29.768,57. Mir als Käl/Téitenger Gemeng bezuelen dovun 60%. Dat mécht 17.861,14 Euro a Rëmeleng bezillt 40% dat sinn 11.907,43 Euro. Firwat déi 40 an déi 60 Prozent? Ma dat ass d'Opdeelung duerch d'Populatioun. Mir hunn méi eng méi héich Populatioun wéi si. Dat ass dat wat ech dozou ze soen hunn.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Mir sinn och elo an der Fraktioun gefrot ginn wéivill Adhérenten mir aus der Gemeng Käl dann elo méi hätten. Ech muss fairerweis soen, dass d'Gemeng Rëmeleng ganz vill Bierger aus eiser Gemeng opgeholl huet ouni, dass mir dee Bäitrag virdrun geleescht hunn. Et baséiert op de Prinzip vun elementarer Solidaritéit, dass wann Käler an Téitenger Bierger an de Club Senior ginn, dass mer dann och finanziell bäileeën.*

**Marcel Humbert, Schäffen (LSAP):**
*Jo wat Zuel ugeet do war ech mam Kolleg Schenten zu Rëmeleng an do hu mer nogefrot. Am Moment ass et esou, dass déi Rëmelenger selwer 160 Persounen hunn. Mir hunn de Moment 61 Persounen do. Dat ass fir den Ufank e schéinen Prozentsaz. Ech kann iech herno eng Brochure matginn wou all d'Aktivitéiten dra sinn. Dat ass effektiv eng ganz formidabel Saach.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Ech fannen et gutt, dass mer eis um Club Senior vun der Rëmelenger Gemeng ugeschloss hunn well 1. maachen mer Projeten gemeinsam an dat ass méi sënnvoll wei wann jiddereen et fir sech mécht. Op där aner Manéier misst awer an déi Richtung eppes geschéien. Et muss een a mam MiniBU, respektiv mam Flexibus vun Rëmeleng kucken ob een do net en Accord kéint fannen fir dat zesummen ze maachen, fir dass déi Rëmelenger op Käl kommen an déi Käler op Rëmeleng.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Mir huelen dat mat op de Wee, ouni Obligatioun well bei deenen Rëmelenger do kascht dat eppes an bei eis net. Ech sinn frou, dass eisen Service gratis ass an well elo net mussen eng Taxe stëmmen fir dass déi zwee Servicer kennen zesummegeluecht ginn. Mir mussen do eng aner Modalitéit fannen.*

**Patrick Krings, Konseiller (DP):**
*Ech hat am Fong Wëlles dat selwecht wei den Här Weiler ze soen. Ech si frou, dass mer mat Rëmeleng zesummen schaffen. Mir hu jo nach d'Sportshaalen mat hinnen zesummen an am groussen ganzen missten mer kucken hei am Käldall méi zesummen ze schaffen well dat hei ass jo just eng Saach. Wat den Transport an d'Emwelt ugeet missten mer dat och maachen. Et dierft net schwéier fir déi Rëmelenger sinn op deen 1 Euro ze verzichten.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*D'Presse ass fräi fir dat do ze schreiwen, dass déi Rëmelenger kennen op deen Euro verzichten. Gutt, Spaass op der Säit, kommt mir stemmen déi Konventioun, ween ass dofir , ween ass dergéint, ween enthält sech?*

EESTËMMEGE VOTE

### 7.2 Décompte 2013 Jugendtreff Käl/Téiteng

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**
*Den Décompte huet sech zu leschten Joer net vill geännert. Mir haten ronn 239.000 Euro Ausgaben. D'Gemeng an de Staat bedeelegen sech zu jeeweils 50% dodrun. Och dëst Joer huet d'Jugendhaus hiren Budget net ganz ausgeschöpft. Et sinn ronn 28.000 Euros zréck ze bezuelen, dovun 9.500 Euro un de Staat an 18.500 Euro un d'Gemeng. Mir haten mat hinnen jo ausgemaach, dass mer vun dësem Joer un d'Vakanzenaktivitéiten iwwert d'Gemeng huelen. Dat ass eng Gréissenuerdnung vun ongeféier 5.000 Euro. Vue, dass mer eis dëst Joer dorop gëeenegt hunn ass dat am Budget dann och net virgesinn. Vun deenen 18.000 Euro gëtt awer de Montant nach ofgerechent deen si fir d'Vakanzenaktivitéiten gebraucht hunn, sou dass de Montant deen si zeréck ze bezuelen hunn nach e bëssen méi kleng ass wei dat wat hei steet. Fir d'Konventioun 2014 ännert sech net vill. Den Apport vun der Gemeng Käl bléift an der Gréissenuerdnung vun 130.000 Euro.*



**Romain Becker, Konseiller (DP) :**
*Ech hunn eng Fro als een vun de Signatairen. Kann ech do matstëmmen? Da wollt ech nach soen, dass vill Aktivitéiten am Jugendhaus sinn. Et geet jo net drëm sou vill wei méiglech Suen auszeginn mee et geet dorëms Aktivitéiten ze maachen déi funktionéieren an déi eppes bréngen. Et geet em d'Qualitéit an net em d'Quantitéit. Et muss een net ëmmer all Su ausginn.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**
*Normalerweis war et och ëmmer esou, dass mir hinnen déi Suen déi se ze rembourséieren haten iwwerlooss hunn, fir dass se hir Aktivitéiten konnten finanzéieren. Do sinn jo och vill Kanner déi an d'Jugendhaus ginn déi sech finanziell net esou gutt gestallt sinn. An ech begréissen et, dass d'Jugendhaus et ëmmer erëm fäerdeg bréngt Aktivitéiten ze maache, ouni dass et vill kascht. Den Dance Battle op der Fête de la Musique war e groussen Succès an dofir wëllen si dat och nächst Joer nees maachen. Se schaffen och ëmmer méi enk mat der Maison relais zesummen.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Mir fannen, dass eng ganz gutt a flott Aarbecht am Jugendhaus gemaach gëtt, an dass se hir Suen gutt géréieren. Mir sinn mat deem Décompte och d'accord. Mir hunn eng Fro: Mir sinn virun zwee Joer invitéiert ginn op d'Generalversammlung vum Jugendhaus an mir hunn och vun allen Manifestatiounen Informatiounen kritt an dat war elo net méi ëmmer de Fall an mir sinn och net invitéiert ginn. Dat huet eis e bëssen Leet gedoen. Mir wären gär dohinner gaang.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Den Här Schäffen Brücher hellt deen Message do mat, dat entzitt sech menger Kenntnis. Da géifen mer och hei ofstëmmen loossen. Ween ass mam Décompte vum Jugendhaus d'accord?*

EESTËMMEGE VOTE

## 8. Personal

### 8.1 Personal – Prime de responsabilité fir d'Ersetzen vum Secrétaire

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Mir hunn am Huis clos nach eng Nomination definitive vum Secrétaire. Wann d'Madame Braconnier verhënnert ass da sprengt d'Madame Rommes an do ass eng Prime drop vun 15 Punkten déi mer hei kennen stëmmen. Ech well soen, dass ech immens frou sinn fir d'Gemeng Käl, dass mer no laangem hin an hir an der Situatioun sinn, dass mer Leit am Sekretariat hunn déi een deen aneren kennen ersetzen. Ech begréissen dat immens fir d'Funktionnement vun der Gemeng. Mir wäerten och d'Madame Rommes ënnerstëtzen de Sekretairsexamen ze maachen. Wa keng Wuertmeldungen sinn geng ech dat och zum Vote setzen. Ween ass domat d'accord?*

EESTËMMEGE VOTE

### 8.2 Prolongation de Stage vun engem Redakter an engem Ingénieur

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Déi zwee nächst Punkten hunn eng Ursaach, an déi ass, dass d'Formation spéciale nach net ofgeschloss ass an dofir muss de Stage verlängert ginn. Déi zwee sollen lo hir Stageszäit em e Joer verlängert kréien, souwuel den Eric Herin wéi den Domenico Pavone.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Ech kennen mech do net esou aus. Déi froen eng Prolongation de stage vun engem Joer, mee déi Formatioun geet jo nëmmen bis Mäerz wann ech dat richteg verstanen hunn. Firwat dann e Joer an net ab Juni.*

**Nadine Braconnier, Sekretärin:**
*Eng Prolongation de stage gëtt ëmmer op ee Joer ugefrot. De Stage gëtt dann dee Moment ënnerbrach wann een definitiv genannt gëtt.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Mir haten just gemengt den Här Pavone wier schonn esou vill Joer an der Staat gewiescht an wier direkt vun eis iwwerholl ginn an wier fäerdeg mat den Examen.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*En huet jo en akademeschen Grade elo.*

**Nadine Braconnier, Sekretärin:**
*De Mann war fréier op der Staater Gemeng Ingénieur technicien. Hien huet seng Studien nogeholl an mir hunn en als Ingénieur diplômé agestallt.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Ok, déi déi mat der Prolongation de Stage fir den Eric Herin d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Dee selwechten Exercice fir den Domenico Pavone. Ween ass d'accord?*

EESTËMMEGE VOTE

## 9. Froen vun de Conseilleren

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Dann kommen mer zu de Punkten déi eis Gemengeconseilleren beschäftegen. Dat ass eemol den Nico Migliosi, dann de Jean Weiler an dann de Patrick Krings a Romain Becker, mee déi Punkten hunn mer jo schonn beschwat. Dann ass et um Här Migliosi.*

**Nico Migliosi, Konseiller (LSAP):**
*Merci Här Buergermeeschter. Deen éischten Punkt ass e reng informativen. Dir hutt virun der Sitzung vun der Madame Braconnier e Relevé vum Minett Kompost ausgedeelt kritt. Deen ass spezifesch op d'Käler Gemeng ausgeschafft. An der leschter Sitzung vum Comité vum Minett Kompost huet de Bedreiwer vun der Anlag vu Minett Kompost e Relevé gemaach deen all zwee Joer gemaach gëtt wei den Zoustand vun de grénge Dreckskëschten an der Käler Gemeng ass. Do hunn ech missten feststellen dass Käl op der drëtter Stell ass hannert Esch an Déifferdeng wat Grousstied sinn wat de schlechten Zoustand vun de grénge Dreckskëschten ubelaangt. An de grénge Dreckskëschten fannen mer Saachen erëm wéi Plastiksfläschen a Sperrmüll. De Bedreiwer kennt do och déi genau Stroossen. Déi hunn se eis net genannt mee wat mech erschreckt huet dass mir do op drëtter Plaz sinn. Mir hunn och direkt Déplianten bestallt déi à tous les Ménages ginn fir d'Leit drop opmierksam ze maachen wat an eng gréng Dreckskëscht gehéiert. Et wär ze wënschen, dass mat deem Dépliant eng kleng Progressioun stattfënnt. Ech froen de Gemengerot d'Leit dobaussen och e bëssen ze sensibiliséieren. Et ass net grad agréabel wann een do ze héieren kritt, dass een de Peloton do ufëiert. Et ass och net esou, dass dat elo an engem sozialen méi schwaachen Ëmfeld de Fall ass, zu Esch ass et zum Beispill esou, dass et an engem méi gehuewene Milieu de Problem ass. D'Déplianten sinn nach net geliwwert ginn mee se wäerten dann direkt ausgedeelt ginn.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Dat ass jo elo just eng Informatioun, mee mir huelen et awer mat op de Wee an wäerten och op eisem Internet Site eng Informatioun online setzen fir ze sensibiliséieren. Et gesäit een, dass mer ëmmer e schlechten Elève sinn wat dat doten ugeet an dofir sinn ech frou, dass déi Sensibiliséierung gemaach gëtt Deen éischten Schratt fënnt hei am Gemengerot statt an mir probéieren dann och op eis Bierger anzewierken.*

**Patrick Krings, Konseiller (DP):**
*Jo ech wollt mech do dem Här Migliosi uschéissen. Beim Valorlux ass et selwecht, do leien mer och ganz schlecht dat kéint een jo dann an enger Kéier maachen.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Jo et ass eng Saach vun Educatioun an mer däerfen do net noloossen. Mir mussen do op eisen Public awierken.*

**Nico Migliosi, Konseiller (LSAP):**
*Den zweete Punkt wollt ech de Schäfferot froen an wei fern si informéiert sinn iwwert d'Aktivitéiten hei an eiser Gemeng déi op Terrainen vun der Gemeng stattfannen wéi Randonnéeen, oder mat de Päerd oder zu Fouss. Well et gëtt ëmmer méi op Maueren an op Géigestänn oder Brécken mat Sprayen mat allen Faarwen gemoolt. Dat gëtt kee gutt Bild of dono. Och wann op de Sprayen dropsteet, dass se sech vum selwen entsuergen. Dat ass net de Fall. Geschwënn weess och keen méi weem saï Wee weem säin ass. Et geet mir just drëm ze wëssen ob déi Markéierung vun deenen Weeër reglementéiert ass. Oder gëtt do gekuckt, dass dat dono ewech gemaach ginn? Et fällt op, dass zum Beispill bei de Marcheuren d'Schelter schéin propper ewech geholl ginn wann d'Manifestatioun eriwwer ass, mee bei deem ganzen Gesprëtz, dat bleift alles an geet net esou séier ewech wei d'Leit sech dat virstellen. Et ass mer zu Oueren komm dass bei der leschter grousser Randonné mam Mountain Bike ganz schlëmm war, dofir meng Fro un de Schäfferot: a wéi fern ginn et do Reglementer an a wei fern si dir am Bild?*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Merci fir déi do Initiative. Dat huet dozou geféiert, dass mer mam Responsabelen vun Nature et Forêts Récksprooch geholl hunn. Normalerweis wann esou eng Manifestatioun ass dann ginn et ganz streng Regelen. Si kennen protokolléieren. Mir wëssen mat Sécherheet net ëmmer wat alles am Bësch stattfënnt. Dofir huelen mer déi do Geleeënheet beim Schopf a maachen en eegent Règlement déi mer bäileeën bei Autorisatiounen déi mer gefrot ginn. Mir mussen eis do ulehnen un dat wat Nature et Forêt appliziéiert. Dat kennt dann hei an de Gemengerot. Déi déi net ugemellt sinn, do mussen mer Plainte féieren bei der Police. Voila, da géif ech dem Här Weiler d'Wuert ginn fir seng Froen.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Déi éischt Fro déi ech gestalt hunn geet iwwert d 'Hausaufgabenhëllef. Den Här Brücher huet beim Léierpersonal nogefrot ob do Interessi do wier fir Hausaufgabenhëllef unzebidden. Déi hunn do keen Echo kritt. Dofir meng Fro, gëtt déi elo agesat an wann jo, wéi gesäit dat an der Praxis aus?*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**
*Et ass vun der Hausaufgabenhëllef am Kader vum PEP geschwat ginn. Do ass de Problem, dass d'Arbeschtsstonnen net iwwereneen passen dofir kennen mer d'Hausaufgabenhëllef net an d'Maison relais integréieren, dass déi dann an der Maison relais vum Léierpersonal geleescht gëtt. Dat eenzegt wat mir elo an der Maison relais hunn dat ass eng Hausaufgabenbegleedung. D'Leierpersonal wollt dat aussourcen loossen. Dat hätt 40.000 Euro am Joer kascht. Mir haten an der leschter Schoulkommissioun doriwwer geschwat an hu gesot, dass ier mer op dee Wee ginn iwwerhaapt emol wëllen préiwen wat d'Demande ass. Mir adresséieren eis un d'Elteren. Déi ursprénglech Idee war fir d' Hausaufgabenhëllef am Kader vum PEP unzebidden, fir dass d' Léierpersonal an d'Leit aus der Maison relais méi zesummewuessen. Ech gesinn et kritesch dat einfach outzesourcen u Leit déi vum PEP net betraff sinn. Dofir hu mer eis gesot, dass mer dat nach eemol iwwerdenken an do aner Moyenen ze fannen. Schwiereg ass och, dass de PEP wéineg konkret Richtlinnen definéiert wei sou eng konkret Hausaufgabenhëllef am Kader vum PEP ze definéieren ass. Et berout alles gréisstendeels op Fräiwellegkeet. Vue dass mer op fräiwëlleger Basis awer keng kritesch Masse fonnt hunn konnt dat dëst Joer net an de PEP integréiert ginn.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Mir sinn der Meenung, dass eng Hausaufgabenhëllef awer wichteg ass, haaptsächlech fir Kanner déi net déi néideg Ënnerstëtzung hunn wann se Problemer hunn. Dat muss net vum Léierpersonal gemaach ginn, dat kann och zum Beispill mat Hëllef vun Studenten déi an d'Maison relais kommen gemaach ginn. Dat wier awer eng gutt Saach wann dat geng ugebuede ginn.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**
*Ech stemmen iech do jo zou. Prinzipiell jo, mee mir hunn elo iwwert d'Hausaufgabenhëllef am Kader vum PEP geschwat an do wier et net kompatibel gewiescht. Ma mir mussen lo mol kucken wou déi konkret Besoinen sinn. An de Projet deen do virgeluecht ginn ass huet och net virgesinn, dass Studenten eng Hausaufgabenhëllef gengen ubidden. Wéi gesot dat Thema ass net vum Dësch. Mir hunn eben elo just am Kader vum PEP diskutéiert.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Wat fest steet ass, dass mer alles wäerten maachen fir Hausaufgabenhëllef ze kréien an dat am Kader vun deem wat machbar ass. Dann är nächst Fro.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Déi betrefft d'Etude de visibilité op der Bréck bei der Gare. Mir hunn do eng geschéckt kritt vun Schroeder&Associés, an do steet drann, dass d'Visibilitéit um selwechten Niveau ass wei se virun den Aarbechten war an souguer deelweis besser. Déi al Situatioun ass net méi do also ass dat och schwéier ze kontrolléieren. Wann ech mir dee Plang ukucken dann gesinn ech, dass laanscht de Foussgängerwee déi héich Bordsteng sinn. Dat ass fir d'Sécherheet vun de Foussgänger ganz gutt, se stinn awer an de Féiss, zemools wann een mat engem Auto kennt wou een net méi héich setzt. Ech sinn extra e puer mol derduerch gefuer an sinn der Meenung, dass d'Visibilitéit net ganz grouss ass. Ier d'Kräitzung erneiert ginn ass stoung do och dee Spigel wou een an d'Escher Strooss gesinn huet, deen steet elo net méi do. Dat ass eng Geforesituatioun.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Här Weiler ech sinn jo ganz d'accord mat iech an hunn ganz bewosst dem ganzen Gemengerot déi Etude geschéckt. Schroeder& Associés hunn déi Bréck geplangt an gebaut an hunn sech hei selwer e Certificat de complaisance ausgestallt. Mir hunn en zweeten Avis bei engem Verkéierstechniker gefrot an deen huet dräi Varianten proposéiert fir e Sens unique ze maachen, dass een do net méi dierf mat engem Gefier eraus fueren. De Raymond Künsch war och bei d'Firma Hannus fir ze kucken ob si géifen eens ginn mat de Camionen. Mir hunn dräi Varianten an mir mussen elo do eng Décisioun huelen. Et war och an der Diskussioun fir do eng Vélospiste ze maachen mee de Raymond Künsch huet eis informéiert, dass een net kann spären fir déi motoriséiert Gefierer an dann dat engem Vélosfuerer zoumudden. Dee Punkt hei gëtt ganz kuerzfristeg traitéiert. Et gëtt mat Sécherheet eng Einbahn gemaach.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Ok da gesinn mir dat jo dee Moment zréck hei am Gemengerot. Dann zum ëffentlechen Transport. Fir d'éischt d'Linn 197 déi an d'Staat fiert, déi ass während de Spëtzestonnen deck iwwerlaascht an do sinn Leit déi mam Bus gefuer sinn déi nees zréck op den Auto ëmgeklommen sinn well se am Bus stoungen, an souwäit ech weess keng méi matgeholl ginn well se iwwert d'Autobunn net dierfen fueren wann Leit stinn. Wann een dann natierlech de nächsten Bus hellt da verpasst een an der Staat den Uschloss wann een um Kierchbierg schafft. Meng Fro ass ob et net méiglech ass während de Spëtzestonnen en zousätzlechen Bus anzesetzen deen op de Kierchbierg fiert wou eng ganz Rei vun Arbeschtsplaatzen sinn. Vill Leit schaffen do op Banken an Institutiounen. Eischtens geng een déi aner Linn entlaaschten an zweetens bräicht deen net iwwert d'Gare ze fueren an et wier e vill méi séieren Accès op de Kierchbierg. Kéint dir bei deenen zoustännegen Instanzen nofroen fir sou e Bus anzeféieren.*

**Marcel Humbert, Schäffen (LSAP):**
*Virun acht Deeg waren mer beim Minister Bausch an hunn dat Thema ugeschwat. D'Secherheet weist et och net aus, dass souvill Leit sollen an engem Bus stoen. Normalerweis ass et och esou, dass se sollen setzen an ugestréckt sinn. Dat hu mer net an dat ass och net ze akzeptéieren. Mir haten och gesot do wier en Handicap a mir missten do e Bus méi fuere loossen Do huet de Minister Bausch eis gesot e geng dat nokucken an eng Opstellung vun deem Ganzen maachen.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng)**
*Den Här Humbert huet schonn d'Aentwert ginn. De Minister weess vun deem Problem och wéi et mat de Kapazitéiten vun de verschiddenen Linnen ausgesäit an iwwerpréiwt dat elo. Se hunn och festgestallt, dass verschidden Linnen ganz wéineg besat sinn an dofir anerer iwwerfëllt sinn a mir kucken wei mer dee System équilibréieren. En huet awer leider net gesot wei laang et nach soll daueren bis en neien System soll a Kraft trieden dofir kann ech iech wat dat ugeet keen Verspriече maachen.*

**Nico Migliosi, Konseiller (LSAP):**
*Ech wollt mech e bëssen um Här Weiler senger Idee uschléissen, dass eng Linn misst op de Kierchbierg goen. D'Linn 197 ass e bëssen eng ongléckiech Linn well se just bis op d'Gare fiert. D'Leit aus dem Péitenger, Escher an Déifferdenger Raum fueren alleguerten iwwert d'Cloche d'or. Do sinn och vill Arbeschtsplaatzen geschaaft ginn an deenen leschten Joeren an den 197 bedingt d'Cloche d'or guer net. Vun der Gare muss een ëmmer erëm e Bus huelen. Aner Linnen kommen iwwert d'Cloche d'or an d'Staat eran.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Ech wollt dem Här Weiler Merci soen fir är Initiative. Dat ass meeschtens an der Praxis net esou einfach ze realiséieren wei een sech dat virstellt. Mir ginn dem Här Daubenfeld dat do och mat fir an den Tice matzehuelen.*

**Romain Becker, Konseiller (DP):**
*Dat ass allgemeng en Thema wat brennt hei am Käldall net eleng an der Gemeng Käl. D'Gemeng Remeleng ass och betraff. Den Zuch als Massentransportmëttel huet hei iwwert 100 Joer funktionéiert. Den Ausbau vum Schinnenetz wier néideg fir eng direkt Verbindung ze kréien. Et ass schued, dass hei den Zuch ofgebaut gëtt an do muss argumentéiert ginn, fir dass mer den Zuch erhalen. Et steet een einfach wei en Hennes zu Näerzeng, d'Korrespondenzen klappen net, et ass eng Katastrof. Ech well eppes Klenges nach bäihänken zum Bus: et ass net nëmmen de Problem vum 197, mee och d'Schülerbusser sinn total iwwerfëllt. Bei der Schoul kommen d'Kanner net méi alleguerten eran well d'Bussen voll sinn. Se sinn do wei d'Hierken an der Tonn. Also déi déi mer wëllen dozou kréien, dass se spéider mam Bus fueren sinn elo schonn esou frustréiert, dass se et net méi wëllen maachen. Dat ass och eppes fir mat op de Wee ze huelen.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Gutt, also ech well hei keng allgemeng Debatt iwwert d'Verkéierspolitik hei am Land féieren, mat Bléck op d'Auer.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Déi zweet Fro betrëfft d'Linne 4 a 5 vum TICE. Bei deem enge Wee brauch een 19 Minutten, deen aneren Wee 17 Minutten fir vun Esch bis op Käl ze kommen, wat relativ laang ass. Do wier d'Méiglechkeet dee Bus vun Esch oder Esch Belval direkt iwwer de Poteau op Käl an dann op Diddeleng fueren ze loossen an dann deen aneren Bus vun Esch iwwert Rëmeleng op Téiteng a Kayl bis op Schëffleng. Dat hätt just de Nodeel, dass d'Leit déi vu Rëmeleng an Téiteng kommen zu Käl missten ëmklammen fir op Diddeleng. Fir de Rescht geng de Bus do nach just 7 Minutten brauchen. Dat wier och interessant fir déi Diddelenger Leit an hätt kaum Nodeeler fir d'Leit aus den aneren Gemengen.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Dat schéint mer eng interessant Piste ze sinn. Ech huelen zwar un, dass et och elo Ursaachen gëtt firwat d'Pisten elo esou sinn wei se sinn. Den Här Daubenfeld sot mer e geng déi zwee Dossieren mathuelen. Ech fannen d'Initiative ass ganz gutt, mir iwwerloossen dem TICE et fir ze testen. An wei ech den Här Daubenfeld kennen do léisst deen och net locker.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Villmools Merci. Dann hunn ech nach e Problem mat der Propretéit an eiser Gemeng déi plazeweis ze wënschen iwwereg léisst. Natierlech sinn d'Bierger gefuerdert fir hiren Deel bäizedroen, mee d'Gemeng ass awer och gefuerdert. Zum Beispill Dreckskëschten am Parc Ouerbett déi lafen regelméisseg iwwer, ass et do net méiglech déi méi oft eidel ze maachen? Laanscht Stroossen zum Beispill an der Näerzenger Strooss wou et an d'Rue Mont St. Jean eropgeet do sinn d'Inselen iwwerwuchert mat Brennesselen. Mir mussen déi Inselen awer och an der Rei halen, dass déi propper sinn.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Ier ech dem Schäffen Brücher d'Wuert ginn wollt ech iech soen, dass d'Iwwernahm vun deenen Anlagen bei der Post an der Näerzenger Strooss nach net gecheckt ass. Do sollten mir dat iwwerhuelen. Mee et ass elo nach ënnert der Responsabilitéit vun deenen di gebaut hunn. Mir sinn do nach net kompetent. Den Här Brücher äntwert iech op de Rescht.*

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**
*Jo wat Drecksbacken ugeet deen Problem ass eis bekannt, mir sinn och do a Gespréicher mat den zouständegen Servicer. Een vun de groussen Problemer ass, dass si kuerz virum Weekend déi Backen eidel maachen an dann d'Jugendlecher oder anerer op ëffentlechen Platzen während dem Weekend Dreck produzéieren an dann dauert et eng ganz Woch bis déi Backen nees eidel gemaach ginn. Mir sinn am gaangen ze kucken, dass d'Backen direkt Méindes eidel gemaach ginn, sou dass se net schonn voll sinn ier d'Woch ufänkt. Ech sinn iwwerzeegt, dass et besser gëtt wann dee Changement gemaach ass.*

**Jean Weiler, Konseiller (CSV):**
*Et misst een awer kucken ob se net schonn Freides virum Weekend schonn voll sinn an am Aa behalen ob seen se net zweemol muss eidel maachen.*

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**
*Ech hunn der elo eng Partie gesinn di wierklech voll waren an wann et wierklech néideg ass dann muss deen Tournage verstäerkt ginn, mee lo mussen mer se virun allem mol Méindes nom Weekend eidel maachen an da kucke mer. Mir halen en Aa dodrop a schwätzen mat eisen Servicer. Den Punkt vum Här Krings an Här Becker, do schwätzen mer den 21. Oktober driwwer. Da soen ech iech provisoresch Merci fir d'Sitzung a froen d'Presse fir de Sall ze verloossen.*



## Conseil communal Séance du jeudi, 2 octobre 2014

**Durée :** de 14h30 à 16h50

**Présent :** John Lorent, Bourgmestre,
Marcel Humbert et Patrick Brücher, échevins,
Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen,
Romain Daubenfeld, Patrick Krings, Nico Migliosi,
Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler,
Conseiller, Nadine Braconnier, Secrétaire.

**Absences :** José Gonçalves dos Anjos

**Ordre du jour :**

**1. Correspondance et informations**

**2. Contrats, conventions, acte, concessions**
- 2.1. Avenant aux contrats d'assurance LALUX
- 2.2. Contrat de raccordement Creos (terrain de football, école Widdem)
- 2.3. Contrat d'utilisation du réseau Creos (terrain de football, école Widdem)
- 2.4. Contrat Siemens signalisation
- 2.5. Contrat Sudgaz
- 2.6. Compromis de vente Zimmermann/Reiser
- 2.7. Compromis de vente LOCAFIN s.a.
- 2.8. Acte d'échange SCI Monteiro
- 2.9. Convention Coopérative énergétique Transition Minett

**3. Règlements**
- 3.1. Modifications au règlement de police et au règlement communal relatif au registre de la population
- 3.2. Modifications au règlement relatif à la refonte des modalités concernant l'édition du bulletin communal
*Zur Dagesuerdnung muss ech zwou Saache soen. Bei der leschter Sitzung hätte mir de Budget an d'Konventioun 2014 vun der „Maison des jeunes" musse mathuelen, do war e bëssen Gewulls an der Prozedur. Ech wollt de Gemengerot froen ob mir de Punkt kéinte bäisetzen, dass mir de Budget an déi Konventioun haut kennen évacuéieren. Soulaang déi Konventioun net ënnerschriwwen ass kritt d'Jugendhaus seng Suen, ech mengen et ass wichteg, dass mir dat net eréischt am November mat duerchhuelen, ech bieden do em Verständnes, mir hunn déi Pièecen och Uganks der Woch kritt, ech géing de Punkt gären dotëscht setzen.*

*Ier mir ufänken géing ech gären e Wuert zu engem Thema soen, wat mir perséinlech als Buergermeeschter an als Responsabel vun de Finanzen vun dëser Gemeng ganz uewen läit.*

*Dir wësst dass d'TVA den 1. Januar 2015 an d Luucht geet, si wäert em zwee Punkte steijen an et schéngt esou ze sinn, dass de „produit brut" vun der TVA net wäert zeréckfléissen an d'Gemengen. Fir mech perséinlech grenzt dat un eng Katastrof. Dir wësst, dass mir als Gemeng och Endverbraucher sinn an op all Prestatioun a Fourniture déi mir kréien net méi den „taux normal" vun 15% mee 17 % musse bezuelen, dat wäert de ganze Gemengesecteur insgesamt 35 Milliounen Euro kaschten. All déi Ausgaben déi mir hunn déi mat Uschafungen vu Material a Prestatiounen ze dinn hunn ginn dann fir d'Gemeng ab dem Joer 2015 méi deier. 10 % vum Produit vun der TVA, wann d Part fir d'européaesch Gemeinschaft of ass, fléissen an de „Fonds communal de dotation financière", do ass elo gesot ginn dass d'Hausse net repercutéiert gëtt op de Gemengesecteur, dat heescht dass de Supplément den an d'Staatskeess era fléisst net an d'Gemengen zeréckfléisst. Wann een elo argumentéiert dass d'Gemengen och mussen e Beitrag leeschten, de Beitrag leeschte mir souwisou well mir éischtens als Endverbraucher d'TVA mam héije Saz bezuelen, an zweetens fannen ech de „manque de discernement" e bëssen allerhand.*

*Mir sinn eng vun de Gemengen déi zu de Schlussliichter gehéiert vun de staatlechen Zouwennungen, och wat d'Dotatioun ubetrëfft, dat konnt dir lescht Joer an der Presse liesen dass mir déi drëttlescht sinn „par tête d'habitant" wat de Produit vun de Stéiere betrefft wat mir vum Staat iwwerwise kréien. Et wier elo de Moment hei ze soen, dass een mat der Situatioun zumindest wat d'Gemeng Kayl betrefft net zefridde ka sinn. Wann gesot gëtt de Gemengesecteur hätt insgesamt Sue genuch, heescht dat nach laang net dass all déi Prestatioune déi d'Gemengen Land op a Land of musse realiséieren, deelweis och am Optrag vum Staat, dass déi dann gerecht verdeelt ginn. Déi Gemengen déi finanziell net gutt do stinn leiden do am Meeschten drënner, ech well dat kloer an däitlech soen. Wat mir komesch virkënnt ass, dass wann een sech well doriwwer oppreegen an een dat dann un d'Presse weidergëtt, d'Presse dann mauert an e Lieserbréif den dëst uprangert guer net veréffentlecht. Voilà, dat wollt ech elo soen an den Här Daubenfeld huet d'Wuert.*



**Romain Daubenfeld (Konseiller, LSAP)**
*Merci Här Buergermeeschter. Dat geet jo nach e bëssen méi wäit, d'Biennalen ginn an Zukunft net méi vum Staat iwwerholl. Et sinn 14 Moossnamen déi d'Gemengen direkt betreffen, et misst een kucken entweder mam SYVICOL oder mat de Gemengen selwer bei den Inneminister ze goen. De Projet wei en elo steet kascht d'Gemengen immens vill Geld an et muss een sech wieren, ech weess net op e Lieserbréif de richtege Wee ass et misst een villäicht offiziell als Gemengeverwaltung an als Gemengeverantwortlech eis dogéint wieren.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):**
*Ganz richteg Här Daubenfeld, ech wollt dat hei just als Informatioun ginn, de nächste Gemengerot kennt bestëmmt an mir kennen ënnert der Form vun enger Motioun oder enger Resolutioun eis Meenung wat dat do betrefft bekannt maachen. Ech wollt dat just infirmatiounshalwer soen well dat eppes ass wat eis als Gemeng nach vill Suerge wäert bereeden an deene nächste Joeren. Voilà.*

*Nach eng Ännerung vun der Dagesuerdnung, dat ass fir e gudden Zweck, aus enger Urgence eraus. Mir hunn e Courrier kritt vu „Médecins sans frontières" fir ze kucken fir Suen ze sammelen wéint der Ebola Epidemie an Westafrika, awer net nëmmen an Westafrika, de Virus ass amgaang séin Wee ze sichen fir an aner Länner. Fir en Don ze maachen dierften mir, erfahrungsgemäss, hei an de Bänken kee Problem hunn. De Schäfferot proposéiert un MSF 3.000.- € ze spenden, iwwert de Budgetsartikel „aides au tiers monde". Dat ass net op der Dagesuerdnung mee wann dir wëllt huele mir dat op d'Dagesuerdnung, da géing ech den Don vun 3.000.- € un MSF zum Vote stellen. Sidd dir d'accord, ech bieden em en Handzeechen, ass een dogéint, enthält een sech? Merci fir de Vote.*

EESTËMMEGE VOTE

### I Presentatioun vum Projet Kayl Norden

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):**
*Mir hate gesot, fir dass den Här Hetto net eis Débaten iwwert d'„Plans sectoriels" muss ofwaarden dréine mir den „ordre du jour" em a ginn dem Marcel Hetto d'Wuert fir de „ plan directeur" Kayl Norden virzestellen. Här Hetto.*

**Marcel Hetto (Luxplan):**
*Merci dem Gemengerot fir d'Vertrauen wat dir eis ausgesprach hunn, wou dir 2013 un eis erugetruede sidd fir de Projet mat der Gemeng an dem Büro Zilm ze entwéckelen an ulafen ze loossen. D'Idee war u sech dat herno an den PAG ëmzesetzen an dann schlussendlech ze realiséieren.*

*Mir hu verschidde Kriterien gekuckt, den éischten ass den Urbanismus, fir déi Strukturen déi zu Kayl bestinn an de Projet anzebannen an eppes z entwéckelen wat eng logesch Suite ass fir dat wat bis elo besteet.*

*De Verkéier spillt eng grouss Roll, dat wäerte mir nach am Detail gesinn.*

*Dann d'Fräiraim, fir dat wat d'Gemeng Kayl ugefaang huet mam Park, weider ze feieren an eng gréng Long ze schafen.*

*E Volet wou mir eis och vill Gedanken gemaach hunn mee wou mir haut net am Detail drop aginn ass eng nohalteg Entwécklung, wei een de Quartier ka gestalten, dass en resourceschounend ass an och energiespuerend, respektiv d'Liewensqualitéit vun de Bierger ze héijen.*

*Mir hunn eis op dat baséiert wat haut am PAG aktuell ass, e klengen Deel vum Projet ass haut schonn am PAG dran, de Rescht muss dann erweidert ginn. Mir schwätzen vun 21 Hektar fir dëse Projet. De „Plan sectoriel Logement" gesäit allerdéngs 70 Hektar fir, dat ass allerdéngs net an eis Étude era gefloss, mir hunn eis mat der Gemeng a mat Zilmplan op 21 Hektar gëeenegt.*

*Eis Idee war et am Duerfkär alles zesummenzebréngen, sief et Büroen, ëffentlech Infrastrukturen, awer manner Wunnen. D'Wunnengen sollen méi no baussen ausgegliddert ginn, wat mir méi wäit fort ginn wat d'Dicht méi liicht gëtt. Eefamilljenhaiser ass eng relativ liicht Dicht, bei Quartierswunnengen ass d'Dicht méi grouss. No uewen begrenzt ass de Projet duerch eng natierlech Gréngzon, well do och eng Baach leeft.*

*Mir hunn an der Mëtt vum Projet eng Gréngsträif, dat ass och den Verlaf vun der Käl Baach. Et ass d'Kontinuitéit vun dem wat mir mam Park hunn.*

*D'Empreinte vu Kayl, wei d Haiser haut stinn gesitt dir hei, a mam geplangtene Projet gëtt dat dann eng homogene Weiderentwécklung vu Kayl, wou och déi zwou Haaptachsen am Kär zesumme kommen.*

*Mir hunn eis bei der Entwécklung vum Programm iwwerluecht wat alles soll dra kommen, wei ech scho gesot hunn net nëmmen wunnen mee och Commercë, Bürosflächen an kleng PME'en, wat haut schonn do ass, an dass een dat ausbaut, sou dass net nëmmen d'Wunnen ausgebaut gëtt mee och de Rescht a Kayl eng Chance huet fir sech weider z'entwéckelen.*

*Op dësem Bild gesitt dir, dass mir am Kär eng geréng Wunndicht hunn, ech explizéieren dat. Mir wëllen mat dem Quartier eng Méiglechkeet ginn fir sech insgesamt z'entwéckelen, also ëffentlech Infrastrukturen wei*

*Schoulen zum Beispill oder Commercen, dofir ass am Kär d'Wunndicht méi niddereg wei baussen.*

*Wei kann een en néie Quartier un de Verkéier ubannen, wat jo och keen onwesentleche Punkt ass. Et ass vun Ufank u kloer geweecht, dass et soll e verkéiersberouegte Quartier sinn, dat heescht, dass nëmmen dee Verkéier dohi kennt deen dohi gehéiert, den Haaptverkéier soll net an d'Gebitt erakommen a soll och keng Méiglechkeet kréien fir dohin ze kommen.*

*Hei gesitt dir déi Weeër déi sollen zu Fouss oder mam Vëlo genotzt ginn, déi zeien sech och duerch dat ganzt Gebitt, et ass also méiglech vun A ob B zu Fouss oder mam Vëlo ze kommen. Déi aner Weeër sinn och esou ugeluecht, dass den Auto keng Haptfunktioun huet mee nëmmen genotzt gëtt fir bei seng Wunneng oder Parkplaz ze fueren. D'Idee ass dofir en „shared space" ze maachen, dat heescht den Auto däerf eran mee de Foussgänger huet Prioritéit, esou kréie mir de Quartier dann verkéiersberouegt an de ganze Quartier als Liewensraum gestalt.*

*Eng Zone wollte mir komplett ouni Auto plangen, wann do en Auto erakënnt geet en an de Parking „souterrain", dat sinn awer Ideeën déi ee muss „au fur et à mesure" mam Projet weiderentwéckelen an kucken wei mir do op déi Léisunge kommen.*

*Hei hu mir dann de Volet vum ëffentlechen Transport, et gëtt en Virschlag wei eng Bus Ligne kann duerch de Quartier fueren mat enger direkter Verbindung an d'Stad oder op Beetebuerg, natierlech och de Schoul-Bus dee soll duerch de Quartier fueren an en néie Punkt, d'Gare Kayl Norden. Wann esou vill Leit dobäi kommen géing et Sënn maachen mat der CFL ze kucken en weideren Halt fir den Zuch ze kréien. Et géing d'Saach vereinfachen d'Leit zum ëffentlechen Transport ze bréngen, wann se mussen bis op Kayl op d'Gare kommen fueren se awer mam Auto. Mir wäerten eis an der Suite vum Projet staark maachen eppes an déi Richtung ze realiséieren.*

*D'Stroossennetz ass a verschidde Klassen agedeelt, déi zwee CR'en bleiwen Haaptstroossen. Mir hunn awer ugeduecht, dat ass nach mat der Ponts et Chaussées an den Propriétairen ze klären, déi zwee CR'en ganz am Norden mateneen ze verbannen, sou dass de Verkéier do scho géing anescht verdeelt ginn an net nëmmen aus dem Quartier mee aus ganz Kayl géing eraus bleiwen. Fir de Rescht sinn am Quartier nëmmen Stroosse virgesinn déi eng Anliegerfunktioun hunn, dat heescht wou d'Leit bei hir Haiser kommen. Wei ech scho gesot hunn, all Deel vum Quartier ass foussleefeg oder mam Vëlo gutt z'erreechen sou dass d'Leit an d'Kanner sech kennen ouni Gefor duerch de Quartier beweegen. Uewen hu mir Sammelstroossen well selbstverständlech mussen mir d'Autoen jo eraus kréien, mee op allen aneren Stroossen spillt den Auto eng ennergeuerdnet Roll, well an deem Espace déi aner Verkéiersteilnehmer Prioritéit hunn.*

*Eng Idee déi mir développéiert hunn mee wou een nach muss kucken op se soll ëmgesat ginn ass, net bei all Haus Parkplazen ze maachen mee Sammel-Parkplazen ze maachen. Ech weess, dass dat zu Lëtzebuerg net esou evident ass mee dat géing vill dozou bäidroen, dass de Quartier géing funktionéieren. Dat géing net heeschen, dass ech mat mengem Auto net kann bei mäin Haus fueren fir eppes auszelueden an ze liwweren mee den Auto hellt keng Plaz bei der Wunneng ewech, wou ech muss deier bezuelen fir eng Plaz oder eng Garage kennen ze hunn. D'Autoe géinge sech dann lokal op enger Gemeinschaftsplaz befannen an de Rescht fir foussleefeg z'erreechen. Am Ausland ginn et vill Plazen wou dëst gutt funktionéiert, zum Beispill Holland oder Éisterräich. Mir als Büro géingen dat recommandéieren driwwer nozedenken an dat vläicht ëmzesetzen.*

*Den nächste Slide sinn d'„plans sectoriels" wou Zilmplan herno driwwer schwätzt. Mir hu jo festgestallt dass zwee „plans sectoriels" op dësem Gebitt léien, dat ass de „logement" an „zones d'importance particulière du réseau écologique". Déi sinn bei eise Projet net agefloss well se eréischt duerno public goufen an ech mengen och net, dass se e groussen Impakt hunn, mat Ausnam, dass dat Gebitt praktesch sollt verdräifacht ginn, vun dem wat mir eis virgestallt hunn.*

*E wichtege Punkt ass de Fräiraum dee mir am Quartier wëllen hunn. Dir gesitt uewen hu mir e Puffer, d'Baach an dann eng gréng Zone, also d'Ackerland bis bei d'Collectrice. Vun de landwiertschaftlech genotzte Fläche gi mir iwwer op Schrebergäert, wou Leit dann hir eege Gäert an der Proximitéit hunn. Dann hu mir duerch de ganze Projet déi gréng Long, d Käl Baach dei géing renaturéiert ginn. Mir hu virgeschloen de Verlaf vun der Bach ze déviéieren an d'Bebauungen dohin ze bréngen wou d'Bach haut leeft, also laanscht d'Strooss. Sou huet dann jiddereen eppes dovun wann se matten am Wunngebitt läit an net direkt un der Strooss, sou wei dat och des Säit am Park ass.*

*Am Süden hu mir Fräiraim geplangt well mir do déi gréisste Bebauung hunn, déi kann een da notzen fir ëffentlech Bebauungen oder Gréngflächen. Hei wier och Plaz an der Mëtt fir eng Zentralschoul.*

*D'Thema Renaturéieren wäert net nëmmen e Gréng-Konzept sinn, mee och e Reewaasser-Konzept. Dat kann een sech esou virstellen, dass villes naturbelooss gëtt an e puer Weeër doduerch ginn. Do kann awer jiddereen duerchgoen ouni dass een muss d'Gummisstiwwelen undoen fir duerch de Sumpf ze goen, mee dass all Bierger d'Natur kann genéissen.*



*Schrebergäert, Bongerten a Streeuebstwisen wollte mir an den ieweschten Deel maachen, fir dass den Iwwergang vum Duerf ob d'landwiertschaftlech Flächen lues a lues geet.*

*D'Spillplaze ginn esou gestalt, dass si och als Gréngflächen déngen, also net zoubetonéiert ginn.*

*Hei gesitt dir déi Flächen déi gebraucht ginn fir d'Reewaasser opzefänken an an d'Baach ze leeden.*

*Am Urbanismus spillt nohalteg Entwécklung eng grouss Roll. Wann een esou e Quartier plangt huet een d'Chance net nëmmen ob d'Liewensqualitéit mee och ob d'Nohaltegkeet opzepassen. Konzepter iwwert d'Reewaasser, Recycling, Verkéier, ëffentlechen Transport a „mobilité douce" huet een da vun Ufank un an et muss een net herno pléischtere goen.*

*Vun der Gesamtfläch hu mir 23 respektiv 7 Prozent Gréngfläch an Iwwergangsfläch.*

*Wat d'Planung betrefft, hate mir mat der Gemeng geplangt e Phasage ze maachen, hei kennt de „plan sectoriel" eis allerdéngs e Strich duerch d'Rechnung maachen. D'Phase 1 wieren déi Leeschtungen déi d'Gemeng muss maachen. D'Phase 2 ass d'Renaturierung, déi och rechtzäiteg muss gemaach ginn. Hei muss een och soen, d'Wasserwirtschaftsamt bezouschosst de Projet zu 75 Prozent, wat interessant ass fir d'Gemeng. Laut eiser Schätzung géing Kayl 1.100 Awunner bäikréien. Esou e Wuesstem ass fir Kayl net onwesentlech, mee wann een dat a Phase kann realiséieren ass dat machbar. Fir dëse Projet ze realiséieren muss d'Gemeng e laangen Otem hunn, esou eppes kann een net vun haut op muer ëmsetzen. Ech mengen dëst ass e schéine Projet fir des Gemeng, an alleng schonn duerch de „plan sectoriel" huet dëst eng gewësse Wichtegkeet. De gesetzleche Kader vum „plan sectoriel" ass jo och nach net esou sécher.*

*E lescht Wuert zum „plan sectoriel", eise Projet hei huet 21 Hektar a gesäit 1.100 nei Awunner fir, wann een d'Dicht eropsetzt kritt een der nach e wéineg méi, mee dat ass e Spill wou een nach muss ausschaffen. Dat heescht awer wann een déi ganz 70 Hektar géing bebauen wieren dat 4.000 nei Awunner fir d'Gemeng, dat ass eng Saach déi een sécherlech net ënner zing Joer ka realiséieren.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Villmools Merci Här Hetto. Ech präziséieren, dass dëst e moderne Quartier aus dem 21. Jorhonnert gëtt. Wei den Här Hetto seng Ausféierungen hei gestalt huet gesäit een, dass de gréisste Problem an eiser Gemeng de Verkéier ass, an hei maache mir elo eng Reaktioun dorop, mir hunn eng grouss Fläch wou mir de Verkéier eraushuelen. Et ass eng Reaktioun ob d'Situatioun déi mir elo aktuell am Zentrum hunn an och eppes wat erstriewenswärt fir eisen Zentrum ass. Dat ass eng vu ville Massgaben déi mat ob de Wee gi gi sinn a Luxplan huet déi Virgaben optimal verschafft. Et ass natierlech e Projet wou vill kascht mee am Schäfferot sengen Aen ass et eng flott Initiative. D'Diskussioun iwwert Kayl Norden an d'„plans sectoriel" schwappen aneneen iwwer an et ass och vum Staat senger Säit e puer Mol gesot ginn, dass wa Kayl en eegene Projet huet fir Wunnraum ze schafen deen besser ugepasst wier, misst d'Gemeng awer Gas ginn fir dat ob d' Been ze stellen, do wier dann Méiglechkeet fir ze diskutéieren.*

*Do ass dem Här Hetto seng Remarque ganz wichteg, dass kann noverdicht ginn, mir hunn déi Massgab vun 20 Prozent Bevölkerungszouwuess als „commune priortiaire". An dëser Situatioun si mir op engem Wuesstem vun 1.100 Awunner, wa mir eis ob d'Chiffere vum Statec baséieren leie mir aktuell bei 8.000 Awunner, obwuel d'Chiffere vun der Gemeng anerer sinn, do misste mir 1.600 Awunner bäikréien. Tëscht dësem Modell mat 1.100 Awunner an den 1.600 Awunner déi erstriewenswärt sinn ass also nach Diskussiounsbedarf. Dat hei ass natierlech eng Diskussiounsbasis an dat schwappt dann och an d'Commentairen vum „plan sectoriel logement" iwwer. Mir soen mir si bereet ze diskutéieren fir de Projet mat 21 Hektar ëmzesetzen.*

*Souvill vu menger Säit, et ass awer elo virun allem um Gemengerot seng Meenung ze soen. Den Här Krings.*

**Patrick Krings (Konseiller, DP)**
*Merci. Mir haten an der leschter Sitzung jo nach d'Demande gemaach fir hei driwwer kennen ze schwätzen vu dass den 27. Oktober den Avis iwwert d'„plans sectoriels" muss eran sinn. Mir wollten och am selwechte Moment méi Informatioune iwwert Kayl Norden, mir wosste jo ongeféier an wei eng Richtung dat sollt higoen mee wat do genee géing geschéien hat d'Oppositioun elo keng Ahnung an dofir sinn ech frou, dass mir dat haut gewise kréien. Vun der Demokratescher Partei aus si mir ëmmer bereet fir am Numm vun der Gesamtbevölkerung mat ze schaffen an mat ze denken, mir sinn net hei fir Oppositioun ze maachen. Des Woch hu mir alles iwwer E-mail geschéckt kritt, dat huet gutt geklappt Merci dofir, mir hunn eis dat ugekuckt an doriwwer diskutéiert an am Grousse Ganzen hu mir eng gutt Impressioun dovunner. Et sinn e puer Saachen déi mir ënnert eis nach mussen diskutéieren, mee am Allgemengen ass dat eppes wou mir ganz positiv agestallt sinn an och ëmmer esou gefrot hunn. An fréie-*

*ren Budgetsdebatten hu mir scho gesot, dass an der Gemeng net wäit genuch géing an d'Zukunft iwwerluecht ginn, dass de Budget vu Joer zu Joer gemaach gëtt, ouni ze kucken wat kennt duerno an elo sinn ech frou ze gesinn, dass mir e Plang hunn fir eis Uertschaft weider z'entwéckelen. Mir mussen natierlech kucken op e puer Plazen Verbesserungen ze maachen, mee dat hei ass eppes wou mir zum groussen Deel matstëmmen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci fir de Statement. Den Här Weiler.*

**Jean Weiler (Konseiller, CSV)**
*A priori gesäit de Projet Kayl Nord gutt aus, et schéngt e flotte Projet ze sinn. Ech mengen et ass ze frei fir haut schonn d'Detailler ze kucken, mee et gefällt eis, dass en Deel vum Projet Plaz fir den Artisanat an de Wunnengsbau virgesäit.*

*Et sinn e puer Remarquen, déi fir de Projet vum Staat zielen an awer och fir dëse Projet Kayl Nord den jo deelweis mat dem „plan environnment" iwwerteneen fällt, respektiv well dëst naass Wisen sinn, misst een kucken awéifern et sech eegent fir Wunnengsbau. An natierlech ass et einfach aus anere Leit hirem Lieder Rimmer ze maachen, et muss een kucken mat de Propriétairen eens ze ginn, et muss en déi mat an d Boot kréien, respektiv en anstännegen Accord mat hinnen kréien.*

*Wat mech a première Vue gesteiert huet ass, déi Verbindungsstrooss tëscht der Näerzénger Strooss an der Schëfflenger Strooss déi queesch duerch d'Felder geet. Wann dat soll realiséiert ginn, soll dat e minimalen Impakt ob landwiertschaftlechen Terrain hunn.*

**Romain Daubenfeld (Konseiller, LSAP)**
*Eis Fraktioun huet dat jo scho présentéiert kritt. Ech géif dem Marcel Hetto gären Merci soen. Vu 70 op 20 Hektar ze kommen ass eng Leeschtung. Wat ech allerdéngs net verstinn ass, wisou mir eng „commune prioritaire" sinn wou ob eemol sollen 70 Hektar verbaut ginn. E weidere Problem wär d'Verkéiersubannung, mir kennen diskutéiere wei mir wëllen, all Haus an all Wunneng déi bäikennt gëtt eng Laascht fir de Verkéier, dofir mengen ech, wei den Här Weiler gesot huet, dass déi Strooss fir op Schëffleng muss gebaut ginn an Sënn mécht, an wat nach méi Sënn mécht ass, dass een sech mat der CFL un den Dësch setzt a kuckt, dass eng Ubannung un den Zuchverkéier realiséiert gëtt, dass mir eng Méiglechkeet hunn en Deel vun de Leit iwwert d'Bunn ze dégagéieren. Wa mir 20 Prozent Awunner bäikréien heescht dat och, dass mir Infrastrukture brauchen, Schoulen, Maison relais an an an, dat ass effektiv fir déi nächst Generatioun. Et muss ee kucken wei mir dat degagéiert kréien. U sech ass de Projet ganz schlësseg an eis Fraktioun steet dohannert.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Mir all wëssen, dass Pabeier gedëlleg ass, an dass mir nach e bëssen wäit ewech sinn vun der konkreter Realiséierung vun dem Projet, ech denken awer, dass een de Projet als zukunftsweisend ka bezeechnen, besonneg an der Hisiicht, dass een Wunnraum schaaft, ënnert der Kenntnis, dass Wunnraum schafen an liewenswäerte Wunnraum schafen net dat selwecht sinn. Hei ass e Projet opgesat ginn wou qualitative liewenswäerten Wunnraum geschaaft wäert ginn. Et weist och, dass d'Besoine vun de Leit wat liewenswäerte Wunnraum ugeet changéiert hunn. Ech begréissen, dass en autofräien Zentrum geschaaft gëtt, wou d'Leit net fäerten am Traffic ënnerzegoen, wou „zone de rencontre" an „shared space" sinn, wou e Wäert ob d'„mobilité douce" geluecht gëtt, an natierlech och ganz wichteg, wou e Wäert op d'Renaturéierung vun der Kayl-Baach geluecht gëtt. Et ass wäertvoll dass den ëffentlechen Transport bei der Konzeptioun vun dësem Projet direkt mat agebonnen gouf, ech géing et och begréissen wann déi Zuchubannung vu Kayl Norden kéint realiséiert ginn, dat wier ganz wichteg. Och d'Reewaasser-notzung etc. weisen, dass dëse Projet ënner ökologeschen an nohaltegen Aspekter wäertvoll ass an dofir begréissen ech en.*

**Viviane Petry (Konseiller, déi gréng)**
*Ech wollt mech dem Här Brücher sengen Wieder uschléissen, dat ass och meng Meenung. Ech denken no Norden ze wuessen ass eng logesch Konsequenz wann een d'Verkéierssituatioun an eisem Duerf kuckt. Bedenken déi ee kann hunn ass, dass mir plangen do ze bauen wou mir regelméisseg eng Seenlandschaft hunn wann et vill reent.*

*De Plang ass ganz flott mee ech mengen et muss een am Detail nach kucken wei alldagstauglech dat ass. D'Leit déi do wunnen sinn awer net an der Vakanz, wann et e Site wier fir Vakanzler ass et wierklech tipptopp. Wou mir Plaze maachen wou d'Leit hiren Auto kenne stellen musse mir nach am Detail kucken. An ech denken, dass een mat dem Projet net de bestehende Quartier vu Kayl soll vergiessen, do sinn och Commercen, e Bäcker, eng Epicerie an mir mussen oppassen, dass wann mir de Parking bei der Post géingen ewech huelen, d'Leit trotzdem do nach kennen stoe bleiwen a parken fir an déi Geschäfter kennen ze goen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Madame Petry. Ech weess net wei wäit dir haut wëllt an d'Analyse vun dem Projet Kayl Nord goen. Wat mech am meeschten interesséiert ass d'Suite vun der Prozedur. Et schéngt jo mol esou ze sinn, ech hoffen dass mir do en Accord mat der Regierung kréien, dass mir dësen Projet als Zukunft vun der Gemeng Kayl gesinn an net de Projet vum "plan sectoriel". Hei sinn mir relativ prett, an dofir ass d'Suite vun der Prozedur, Här Hetto, dass mir wahrscheinlech mussen e speziellen „groupe de travail" an d Liewen ruffen. Ech mengen, dass mir um Niveau vum Gemengerot keng divergéierend Vuen hunn, dass dann vun all Fraktioun een an de „groupe de travail" kennt, dass mir do all op engem gläichen Wëssensstand sinn. Et ass jo hei eppes wat mir fir d Uertschaft zesumme wëlle maachen dofir mengen ech soll een sech gutt iwwerleeën wei een un den Dossier erugeet. D'Detailler soll een dann zesummen mam Bureau d'étude léisen, do steet nämlech nach ganz ganz vill Aarbecht aus. Den Här Becker.*



**Romain Becker (Konseiller, DP)**
*Mir hu vill iwwert de wichtege Projet fir eis Gemeng geschwat. „Plan sectoriel", ech mengen mir sinn eis do iwwert all d'Bänken eraus eens, dass dat näischt ass wat mir je wäerten erliewen, dass do wäert eppes geschéien. D'Machbarkeet schéngt do wierklech ganz ferm a Fro gestallt ze sinn, dat ass fir eng aner Generatioun mengen ech. Mee Kayl Nord als Projet huet schonn genuch Envergure, dass e puer Froen grondsätzlech musse gestallt ginn. D'Ubannung CFL vum Quartier, wat eis perséinlech e bëssen feelt ass d'Duerf aktuell, déi zwou Uertschaften déi elo scho schlecht ugebonnen sinn un den Zuchverkéier. Den Zuch fiert zu Rëmeleng fort an ass no e puer Minutten souwisou zu Kayl, da kann en och dotëscht stoe bleiwen an Leit mathuelen. Wat ech well soen ass, dass mir fir eis Gemeng an, mir kommen ëmmer erëm drop zeréck, fir Rëmeleng e Konzept fannen mussen. Mir musse mat deene Rëmelenger zesumme schwätzen fir eis Verkéiersproblemer an de Grëff ze kréien. Mir sinn zesummen an dësem Dall an mussen zesummen schaffen, wann mir net mat de Rëmelenger Kollegen zesummen plangen kréie mir e Projet ouni Kohärenz. Wann mir net zesummen als Stad Rëmeleng a Gemeng Kayl Drock op eng CFL maachen, wisou di 13.000 Awunner, geschwënn 14.000 Awunner am Käldall net besser un den Zuchverkéier ugebonnen sinn, gëtt dat ganzt souwisou net.*

*Dann gëtt et fir mech nach eng aner Dimensioun. Virun e puer Sitzungen hu mir décidéiert d'Gemeng hei ëmzebauen an ech denken ëmmer nach an lancéieren et ëmmer nach fir d'Schoul am Faubourg ewechzehuelen an do en neit Gemengenhaus opzeriichten, an hei op dësem Hiwwel eng Zentralschoul fir d'Gemeng Kayl ze maachen well hei an dësem Projet ass wuel eng Schoul virgesinn, dat ass och ganz sënnvoll am Ufank well an all nei Quartier sinn jonk Famillen a Kanner, mir plangen jo och Spillplazen dann. Mee spéitstens wann d'Kanner fort sinn déi aner Leit déi do wunnen nerven well déi an engem gewëssenen Alter sinn an hir Rou wëllen hunn, a wann dann e puer Kanner duerch d'Géigend sprangen hu mir erëm Diskussiounen.*

*Mir wëssen also, dass eng Schoul an engem Quartier vun esou enger Envergure, ech schwätzen elo net vum Plan sectoriel dat ass eng ganz aner Dimensioun, mee vu Kayl Norden, soulaang de Quartier bei där Gréisst bleift, eng Zentralschoul op dësem Site duerchaus géing duergoen. Mir hunn hei e Schoulsite mee do hënnert d'Gemengenhaus do zwëschen. Dëse Site géing sech absolut eegenen fir Schoulen, en ass besser anzeriichten verkéierstechnesch an esou weider. Am Faubourg, wou mir haut eng geféierlech Situatioun hunn fir d'Kanner duerch ze schécken hätte mir dann just eng Gemeng. Wa mir haut eng Décisioun iwwer Kayl Norden huelen, huet dat en Afloss op déi Décisioun déi mir scho geholl hunn an an nächster Zäit wäerten huelen, do feelt am generellen e ganzt Konzept fir déi ganz Uertschaft. Mir hu keen Entwécklungsplang wat an deene bestehende Quartieren soll geschéien, dat ass de Knackpunkt an der ganzer Diskussioun.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Mäi Knackpunkt ass, dass mir sollen d'Scheewercher beieneen halen an iwwert dat diskutéieren wat op der Dagesuerdnung steet, dat ass d'Presentatioun vum Plang Kayl Norden. Den Här Daubenfeld.*

**Romain Daubenfeld (Konseiller, LSAP)**
*Jo Här Buergermeeschter ech sinn der selwechter Meenung. D'Schoule sinn eng politesch Diskussioun, op mir eng Quartierschoul oder eng Zentralschoul wëllen, oder, oder, oder. En Duerf-Entwécklungsplang ass och eng aner Diskussioun an déi gehéiert de Moment net bei des Diskussioun fir Kayl Nord. Entweder mir kucken elo Kayl Nord an kucken do eng gutt Entwécklung ze maachen, oder mir maachen en Duerf-Entwécklungsplang an da musse mir kucken Kayl Nord do eran ze kréien, mam Bedenken dobäi wann mir do scho sollen eng Schoul stemmen, wei solle mir dann hei eng stemmen wann mir nach op anere Plazen baue sollen, ech weess net wei dat finanziell soll opgoen.*

*Fir op de Verkéiersproblem zeréck ze kommen, dat hu mir och schonn oft gesot, do geet et net duer mat de Kollegen vu Rëmeleng ze schwätzen. Entweder brénge mir et fäerdeg de Verkéier virun der Grenz opzefänken an alles op d'Schinn ze kréien oder mir bréngen et net fäerdeg. Et geet net duer, dass mir se a Busse setzen an da fueren se op d'Autobunn a stinn do mat den Autoen am Stau. Dëst huet allerdéngs mat Kayl Nord am Prinzip näischt ze dinn.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Här Daubenfeld. Wat wichteg ass, et huet kee gesot mir sollten eis an deene nächste Joeren nëmmen mat Kayl Norden beschäftegen, ech well net de Feeler maachen wei Nopeschgemengen déi hir Frichen bebauen an doduerch hir Uertszentren aus den Aen*

*verléieren, dat ass elo net d'Thema. D'Thema ass, dass mir gären de Projet virstellen, an dat ass politesch ganz wichteg, well den Alternativmodell ass dass iwwert eise Käpp duerch d' „plan sectoriels" d'Damokles Schwäert schwieft, an do si 70 Hektar ugesot. Ech mengen et ass um Gemengerot sech ze positionéieren an ze soen wa mir eppes maache ginn mir éischter an des Richtung, wat iwweregens och esou gestäipt gëtt vun der Populatioun déi an der Schungfabrik présent war.*

**José Gonçalves (Konseiller, CSV)**
*Ech hunn héiere vu Parkplazen, ech hunn héieren vu Butteker an der Géigend, ech hunn héieren, dass een eventuell d'Autoen net doheem an d'Garage stellt. Dat stéiert mech alles net, mee wat ech net héieren hunn bei dësem schéine Plang, dat ass d'Méiglechkeet fir Sport ze bedreiwen, fir den Amateur Sport, een den heemkennt aus dem Büro an dann well dräi Kilometer lafe goen ouni dass en d'Näerzeng Strooss muss huelen, an sech dann der Gefor do muss duerstellen, den Autoen an den Ofgasen. Bei sou engem schéine Projet misst et awer d'Méiglechkeet ginn, Här Hetto, Weeër ze maachen, vläit en Tennisfeld, fir Amateurssport. Wann dir dat vläit wéilt notéieren.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Här Gonçalves, ech gesinn dat do als e ganz produktive Bäitrag, soulaang dir net frot fir en neien Fussballssstadion ze bauen ass alles an der Rei!*

**José Gonçalves (Konseiller, CSV)**
*Ech hat awer iwwert den Tennis geschwat (laachen).*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Dir hutt Recht, fir déi di gären Choufleure setzen hu mir Schrebergärt virgesinn. Mee dat ass awer eppes wat een an den Detailanalyse ka maachen. An dem grénge Deel laanscht d'Bach kann een dat eent oder dat anert organiséieren.*

**Patrick Krings (Konseiller, DP)**
*Mir hu virdrun iwwert d'Zuch-Ligne geschwat, dass een eventuell sollt eng Haltestell maachen op Kayl Nord, déi muss een op alle Fall maachen. Wann een zeréckkuckt, 2004 hat een eng Verbindung virgesinn mat enger Sorte Train-Tram vun Diddeleng op Belval, an ech mengen et ass net schlecht wa mir eis mat de Rëmelenger iwwerleeën op een dat kéint mat afléisse loossen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Richteg Här Krings. Also wat emol sécher ass, um Här Hetto sengem Plang heescht et schonn emol eng Gare, ob et wierklech eng Gare gëtt dat steet op engem aneren Blat. Mir kennen hei esou vill philosophéieren wei mir wëllen, mir hätte gären eng Gare. Awer dann muss och sécher gestallt sinn, dass Zich fueren. Ech pflichten dem Romain Becker bäi, mir waren bei den deemolegen Transportminister Claude Wiseler wou hien gesot huet mir si fir bäi an hanne widder, mir kennen esou vill Zich fueren loossen wei mir wëllen, mee mir hunn de Problem tëscht Beetebuerg an Lëtzebuerg wou keng Fënsteren méi op sinn fir weider Zich fueren ze loossen. Dat heescht och wann de „plan sectoriel Transport" eis geographesch net betrëfft, betrëfft et eis awer fir de Süden un den Zentrum unzeschléissen. Den Ausbau vun der Streck Beetebuerg-Lëtzebuerg ass ganz wichteg. An eiser „Prise de position" hu mir gesot, dass mir gären eng Ubannung hätten un d Streck Esch-Belval, et ass ganz wichteg dass mir e "Point d'arrêt" kréien an d'Leit op d'Schinnen ëmdirigéieren, ënnert der Viraussetzung awer och, dass Investissementer op anere Plazen gemaach ginn. Et ass bekannt, dass zäitweis keen Zuch méi op déi Schinne passt, dass keng Fënster méi op ass fir dagsiwwer en Giddertransport op der Ligne ze fueren well se belueden ass mat Passagéiertransport. Dat ass en Aspekt dee mir mussen berücksichtegen. Vun eiser Säit aus ass et kloer, wann mir gären eng Gare hätten soll dat keng Gare sinn wei am Wilden Westen wou nëmmen all Schaltjoer en Zuch fiert mee tatsächlech eng Ubannung ass souwuel fir an d'Stad an och fir op Esch. Ech well des Diskussioun elo hei net weiderféieren, mir huelen nach emol Récksprooch mat eisem Expert, a kucken och wat vu Regierungssäit geplangt ass. An wann et dann un der Zäit ass en „groupe de travail" ze grënnen kommen och Leit vum Gemengerot doran, net aus de Fraktioune, mee dass Konseilleren matschaffen, sou dass mir do eng konsensuell Basis kréien, ech mierken jo et gëtt vill Diskussiounsbeduerf. Ech si frou, dass mir den Här Hetto virun enger Zäit ugestallt haten en Plang opzestellen, dass mir iwwerhaapt eng Diskussiounsbasis hunn an e Modell haten fir der Regierung ze presentéieren. Den Här Becker nach an dann ass d'Diskussioun zou.*

**Romain Becker (Konseiller, DP)**
*Ech verstinn just net wisou de Projet Kayl Nord näischt mat engem Duerfentwécklungsprogramm ze dinn huet. Kayl Nord kann nëmmen en Deel vun engem Duerfentwécklungsprogramm sinn. En Duerfentwécklungsprogramm muss kennen esou e Projet berücksichtegen. Déi Awunner déi mir hunn wäerten eng Ännerung musse matmaachen, dat betrefft déi och, sief et verkéierstechnesch oder soss iwwerhaapt. Ech verstinn et net, dass hei gesot gëtt, dass en Duerfentwécklungsprogramm a Kayl Nord näischt mateneen ze dinn hunn.*

**John Lorent (Buergermeeschter LSAP)**
*Dat huet hei kee Mënsch gesot. Ech weisen dorop hin, dass mir amgaang sinn un engem allgemengen Bebauungsplang ze schaffen an do ass sécherlech ganz vill Duerfentwécklung mat dran. Bon, dat ass är Meenung, Här Becker. Ech hunn do eng aner wei e Koup aner Leit och. Dem Här Daubenfeld brennt nach eppes op der Zong.*

**Romain Daubenfeld (Konseiller, LSAP)**
*Ech probéieren et ganz kuerz ze maachen. Éischtens huet kee gesot et hätt näischt mat engem Duerfentwécklungsplang ze dinn an zweetens musse mir am Hannerkapp behalen, dass mir „plans sectoriels", déi vun der firechter Regierung ausgeschafft gi sinn, vun der heiteger Regierung verbessert ginn ass, an do Kayl ob eemol „commune prioritaire" ass. 70 Hektar solle bebaut ginn, mir probéieren e Plang ze presentéieren wou der nëmmen 21 bebaut solle ginn, wat jo eng grouss Verbesserung ass fir jiddereen, do si mir eis jo all eens. Do kenne mir net an de leschten Detail vun engem Duerfenwécklungsplang goen, soss kréie mir et ni gestatt an da schafe mir nach méi Problemer wei mir der schonn hunn.*

**John Lorent (Buergermeeschter LSAP)**
*Gutt, dat gesot. Här Hetto dir hutt de positiven Androck vum Kayler Gemengerot matkritt, dat ass e wichtege Punkt, dass mir net schonn op der Basis iwwert dee Projet streiden. Ech soen iech e grousse Merci.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Ech wollt nach eppes soen. Et ass ganz gutt, dass de Gemengerot sech Gedanken mécht, mee eng Bierger-Bedeelegung bei der Ausschaffung vun dësem Projet ass och wichteg. Och d'Bedenken vun de Bierger mat anzebezéien am Ufanksstadium vun dësem Projet misst jo méiglech sinn.*

**John Lorent (Buergermeeschter LSAP)**
*Här Brücher, mat 50 bis 60 Propriétairen ass d'Bierger Bedeelegung geséchert (laachen). Mee d' Idee ass awer gutt, wann mir de „Groupe de travail" zesummesetzen kucke mir, dass mir eppes an déi Richtung maachen. E grousse Merci Här Hetto, ech géing iech dann provisoresch aus eiser Ronn entloossen, mir hunn nach e puer aner Saachen ze diskutéieren.*

## II Budget Maison des jeunes

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Ech géing dann proposéieren den Punkt dee mir bäigesat hunn, iwwert d Jugendhaus, ze diskutéieren. Ech ginn dofir dem Schäffen Brücher d'Wuert.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Ech well mech entschëllegen, dass mir a leschter Minutt de Budget vum Jugendhaus mat op d'Dagesuerdnung gesat hunn, et ass awer wichteg, dass mir dëst sou schnell wei méiglech evakuéieren well d'Jugendhaus hir Subsiden net kann touchéieren wann de Budget an d'Konventioun net duerch de Gemengerot gaangen sinn. Also, de Budget 2014 ass ähnlech wei den Décompte 2013, insgesamt 280.000 Euro Dépense si virgesinn. Déi deelen sech d'Gemeng an de Staat bal zu 50 Prozent, d'Gemeng leet 130.000 Euro bäi. Ech well nach präziséieren, dass dat lescht Joer de Budget net ganz ausgeschöpft ginn ass, dat léisst sech awer unhand vun de Paien erklären, zum Beispill hate mir e „congé de Maternité" an Éducateuren déi opgehal oder gewiesselt hunn. D'Projeten u sech hunn de Budget awer bis op 1.000 Euro ausgeschöpft, sou dass et net un de Projeten hänkt mee un de Personalfroen. Dat waren déi Ausféieren déi ech heizou maachen wollt. Ech wier frou wann mir hei de Budget an d'Konventioun géinge stëmmen fir dass d'Jugendhaus hir gutt Aarbecht ka weider maachen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Dir kennt de Systeme, et gëtt e Budget gemaach an herno gëtt décompteiert, an dat an aller Transparenz. Déi di mat d'accord sinn fir de Budget an d' Konventioun esou ze stëmmen, virun allem dass d'Subside vum Staat kenne fléissen, an dass eist Jugendhaus operationell ass, bieden ech em en Handzeechen.*

**Vote unanime**

## III Plans sectoriels

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Da komme mir zu engem Punkt wou och e Vote gefrot ass, an zwar den Avis vun eiser Gemeng iwwert déi berühmten „Plans directeurs sectoriels". Ech brauch jo net z'insistéieren, dass déi „Plans sectoriels" wou mir direkt betraff sinn de „logement" an de „paysages" sinn. Mat Récksiicht op d'Journalisten déi elo schonn an de Gemengeréit riets a lenks waren maache mir haut déi kuerz Versioun bei der Présentatioun, et ass net, dass ech engem Conseiller d'Riedezäit well begrenzen. Ech wollt iech just e kuerzen Aperçu maachen wei mir un d'Saach erugaangen sinn, mir hunn de Bureau Zilmplan kontaktéiert, d'Madame Jacobs ass "en support" haut hei falls technesch Froen sinn. Mir hunn natierlech eise Bureau d'étude, deen amgaang ass eise „Plan d'aménagement général" ausschaffen an si kucken wei dëst sech op d'Gemeng Kayl impaktéiert. Vill Gemengen hu gesot, dass si net prinzipiell géint d'Philosophie vun de „Plans sectoriels" sinn. Wann et esou ugeet geet et dann meeschtens mat „mee" virun an da fänke mir konkret un ze diskutéieren wat un deene verschiddene "Plans sectoriels" de Gemengen an de betraffene Bierger net gefält.*

*Den Avis dee mir un de Ministère schécken setzt sech zesummen aus dem Dokument aus dem ech meng*

*Ausféierungen maachen, dem Dokument wat aus der Fieder kennt vun der Madame Jacobs an de Leit vun Zilmplan an wat „Fachliche Stellungnahme" zu den „Plan directeurs sectoriels primaires" heescht. Dëst ass méi en technescht Dokument, dat franséischt ass éischter e politescht Dokument. Dann de Plan vum Projet Kayl Norden dee mir als Alternativ presentéieren schécke mir natierlech mat, an natierlech sämtlech Reklamatiounen déi mir kritt hunn am Kader vun der Prozedur. Ech wëll dozou soen, dass mir déi Reklamatiounen net wëlle kommentéieren. An der Stad si Leit déi dofir zoustänneg sinn, an der Prozedur steet och net dass mir eis Meenung dozou sollen ausdrécken. Allgemeng dégagéiert sech do eng „économie generale" iwwert de Feeling. E Problem ass déi Lei déi direkt betraff sinn vun deene Pläng, wou et hir Terraine betrefft wou se hiert Brout domat verdéngen. Wat nach ass, ass dass mir mengen ech alleguer der Meenung sinn, dass de "Plan directeur sectoriel Logement" absolut demesuréiert ass par rapport zu dem wat eng Gemeng wéi Kayl ka stemmen a finanziell kann erlaben, par rapport zu eisen Infrastrukturen, an par rapport zu all Impakt den esou e Projet ob d'Liewensqualitéit an der Gemeng Kayl huet. Dat schreiwe mir, grad esou wei mir schreiwen, dass mir et léiwer hätten wann d'Regierung mat op de Wee geet vun engem Projet wei de Marcel Hetto en presentéiert huet. Dat ass eng vun deene wesentlechen Aussoen déi an dem Dokument sinn. Mir wëlle jo och Récksiicht op d'Natur huelen an do stelle mir fest, dass dem Marcel Hetto seng Solutioun eng vill besser Léisung ass wei esou e Couloir ze loossen längs der Näerzenger Strooss. Mir soen och e Wuert iwwert d'Zuel vun de Logementer déi sollen em 20 Prozent bei enger „commune prioritaire" steigen a mir soen, dass mir net d'accord sinn d'Zuel vun de Logementer esou ze héichen, dass do Diskussiounsbedarf mat den staatlechen Stellen besteet. Och d'Dicht vun der Bebauung, nämlech 25 Unitéiten op den Hektar muss gekuckt ginn, mir musse kucken, dass mir e Projet presentéieren den an d'Konzept vun de „Plans sectoriels" passt. Mir proposéieren och eng Réunioun mat de staatleche Stellen, an ech mengen et ass och mëttlerweil erkannt ginn, dass een hätt sollen Diskussioune mat de Gemengen, zumindest mat deene Gemengen déi „Projets prioritaires" hunn, feieren ier een déi „Plans sectoriels" lancéiert hätt, mee bon dofir ass et elo ze spéit.*

*An dann, dat ass fir eis dat wichtegst, wann d'Regierung well um Développement vun de Logementer festhalen si mir der Meenung, dass mir vill méi séier prett sinn fir Logementer ze schafen mat eisem Plan directeur Kayl Norden, amplaz vun 70 Hektar z'erschléissen wou mir net wëssen wei séier mir do sinn, wou och nach matten dran en Aussiedlerhaff läit wou d'Ackeren ronderëm beschafft ginn. Den Här Weiler huet do nach e Punkt op d'Dagesuerdnung setze gelooss well d'„Fachliche Stellungnahme" do vun engem Haff schwätzt mee et si nach vill méi Leit déi do Felder beackeren.*

*Bei de „Plans sectoriels paysages", d'Madame Petry seet mir sinn matten an enger Supp, dass et eng naass Wiss ass ass bekannt. Et ginn awer och Methoden fir naass Wisen z urbaniséieren. De Projet dee mir présentéieren dréit deem Recht an et schéngt och logesch ze sinn, dass mir keng Haiser mat fënnef Kelleren plangen. Dat anert, steet och an der „fachlichen Stellungnahme", mir sinn emzingelt vu Naturparken op der Ost-Säit. Mir kréien elo nach en Naturpark op de Brucherbierg-Lalléngerbierg-Galgebierg, zu Téiteng de Streech Hutbierg ass Habitat-Zone an Natura 2000 Zone, wa mir dat alles zesummerechnen hu mir net méi vill Alternativen fir ze bauen, dann bléift just des Plaz recht. Mir probéieren natierlech, dass den natierlechen Ambiente den do besteet erhale bléift esou wäit et méiglech ass. Op der anerer Säit ass just nach Entwécklungspotential an der Talsohle, an ech mengen wann mir op dee géingen verzichten, ech well elo net prejugéieren wat an deenen nächsten 100 Joer geschitt, mee da wiere mir relativ séier fäerdeg mam Ausbauen vun eiser Uertschaft.*

*Wat de „plan sectoriel Transport" ubetrëfft, do gi Moossname geholl fir dat Nadelöhr wat scho laang besteet, do hätt scho laang missen eng Solutioun do sinn. De Fait, dass op d'Streck Beetebuerg Lëtzebuerg keen Zuch méi drop passt ass eigentlech scho méi laang bekannt an dass bei eis d'Millen heiansdo ganz lues dréinen dat gesäit een. Do gëtt elo am Kader vum „Plan sectoriel Transport" probéiert eng Solutioun ze schafen, dat kënne mir nëmme begréissen, well dat ass eng Viraussetzung, dass deen een oder aneren Zuch méi aus dem Käldall an Richtung Stad Lëtzebuerg fiert. Mir schreiwen do „le fait que la vallée de Kayl ..." an do ass Rëmeleng och dobäi, mir schreiwen net nëmmen iwwer Kayl, „est de plus en plus délaissée par les CFL". Mir hu schonn x-mol probéiert Gehéier ze fannen beim Staat, mir sinn net frou doriwwer an de Drock muss och konstant bleiwen. Des Remarque huet also och eng Plaz an eisem Avis iwwert d'"Plans sectoriels".*

*Nach eng Remarque, d'Schaltstell fir de Käldall ass ëmmer Näerzeng gewiescht. An der gudder aler Zäit huet een am „Buffet de la Gare" wéinstens nach eng Taass Kaffi kritt an an der Zäit wou et nach keng Handy'e gi sinn konnt een do telefonéieren „komm mech sichen", mee haut ass dat en doudegen Aascht. Dofir hu mir d'Idee genannt dass mir léiwer um Gleisdräieck Beetebuerg-Käl-Schëffleng a Richtung Schëffleng ugeschloss géinge ginn, och wann dat e klengen Ëmwee ass, mee do kann ee wéinstens ob den TICE-Réseau zougräifen an zu Schëffleng ginn et alt nach e puer Caféen, wann een do muss eng Véierelstonn waarden wann een do land kann een sech wéinstens an e Café setze goen. Dat hei ass eppes wat ganz sérieux an eescht ass. Donieft, Här Weiler, äre Virschlag hu mir weidergereecht un d'Instanzen vum TICE fir d'Lignen e bëssen ëmzeännneren, mir hunn eng direkt Bus-Ligne op d'Frichen, wa mir eng Eisebunnsligne op d'Friche géinge kréien wier dat mat Sécherheet keen Nodeel an dat schreiwe mir dann an eisen Avis dran.*

*De „Passage à niveau", do huet Schroeder et associés schonn zur Zäit wou den Här Krings nach am Schäfferot war eng Étude gemaach fir den PN ze suppriméieren. Mir kommen op déi Diskussioun zeréck. Ech mengen et ass an jidderengem sengem Interesse wann déi „Passages à niveau" ofgeschaaft ginn an dofir lancéiere mir nach emol d'Idee, wann d Transversale kënnt, do hunn d'Experten vu Luxplan eis gesot wier et nëmme méiglech esou en Ouvrage ze bauen ënnert der Eisebunn an der Schëfflenger Strooss op dem Terrain dënn d'Gemeng kaf huet an der Spëtzt beim Garage Mores. Dofir hu mir den Dossier net weider gefouert, wa mir do Haiser bauen verbaue mir eis méiglecherweis eng Plaz fir den Ouvrage kënnen ze bauen. Dat ass elo mol eng Reserve, de Buedem frësst kee Geld, dat kenne mir. Wa mir déi Barrière an der Schëfflenger Strooss wëlle suppriméieren, ass dëst eng Alternative, och wann dat elo nach utopesch ass an vläit eréischt an deene nächste Jorzéngte realiséiert gëtt, mee de „plan sectoriel" weist awer de Wee wei et mëttelfristeg sol sinn.*

*Wat „Zones d'activité économique" ugeet hu mir net vill ze soen, do waarde mir bis eise Crassier ofgedroen ass. Mir haten en Deal mat Arcelor-Mittal dass si eis sollen hiren Bureau d'étude nennen den sech em d'Erschléissung vun der Friche këmmert. Dat war awer elo schonn e Joer hir. Mir géinge gären d'Madame Jacobs mat Zilmplan op den Dossier setzen, mam Accord vun Arcelor-Mittal, fir ze kucken wei een de Beräich erschléisse kann während d'Schlaken ofgedroe ginn. Wa mir waarden bis d'Schlake fortgefouert goufen a fänken dann mat der Prozedur un verléiere mir immens vill Zäit. Dofir mengen ech maache mir emol e klenge Rappel un Arcelor-Mittal, dass mir déi Leit all zesumme bréngе kennen an net zevill Zäit verléieren.*

*Wann froen sinn zur däitscher Versioun vun der „fachlichen Stellungnahme" dofir ass d'Madame Jacobs elo do, si geet méi an den Detail an op d'Texter an. Eisen Text ass méi vu politescher Natur fir d'Vuë vum Gemengerot auszedrécken, déi "fachlech Stellungnahm" ass e Complément zu dem wat mir schreiwen.*

*Dat gesot, géing ech dem Gemengerot d'Wuert ginn fir Positioun ze huelen zu eisem Avis den eng „Joint venture" ass vum Schäfferot an eiser Urbanistin Madame Negri. Den Här Weiler.*



**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Mir haten zou Ännerungen vum Text eraginn. Eng Kéier steet am Text iwwert déi 70 Hektar déi den „Plan sectoriel logement" ausmécht, dass dat 50 Prozent ausmécht vun deenen ongeféier 142 Hektar déi an der Regioun Süde virgesi sinn, dovun hu mir dann mat 70 Hektar knapps d'Halschent aus dem Land.*

*Eng zweet Saach déi mir wollte bäischreiwen, ass dass déi Zone wou virgesinn ass fir eis Gemeng duerch lokal Baueren bewirtschft gëtt an d'Realisatioun vun dësem Projet riskéiert de Baueren fir Liewensgrondlag ewech ze huelen, an dass do méi wei een Bauer muss mat senger Exploitatioun ophalen. Et ass ee groussen Aussiedlerhaff do an ech weess, respektiv et ass och an de Bréiwer déi un d'Gemeng gaang sinn, dass een zweete Betrib Land kaaft respektiv gelount huet an geplangt huet och auszesiedelen an d'Näerzénger Wisen an deen am Zentrum vu Kayl kaum nach Chancen huet. Kayl ass net nëmmen eng „Zone prioritaire", mee laut dem „Plan sectoriel logement" den éischte Choix vun de „Zones prioritaires" an déi Argumentatioun ass, dass Kayl an direkter Noperschaft zu Esch, Schëffleng an der franséischer Grenz läit, et gëtt eng gutt Ubannung un den ëffentlechen Transport an Schoulen a Servicer déi a kuerzer Distanz ugebuede ginn, dat ass d'Argumentatioun déi an der technescher Beschreiwung vun dem „Plan sectoriel" ervirgeet. Eiser Meenung no läit der Argumentatioun keng sérieux Étude zu Gronn. Mir mengen den Avis vun der Gemeng an all déi Uleies vun de Leit sollen eescht geholl gi vum Staat, déi ginn an déi richteg Richtung, an do soll eng sérieux Étude gemaach ginn.*

*Dass d'Existenz vu ville Baueren um Spill steet, deenen dann och eng grouss Zuel vun Terrai'en gehéiert an eng lokal landwiertschaftlech Notzung solle mir net ausschléissen. Et ass wichteg, dass eist Land zum Deel selwer ka Liewensmëttel hirstellen. D'Terrain'en déi d'Baueren bewirtschaften kenne mir net einfach vervielfältegen. An ganz oft trëfft et d'Baueren nach eng zweet Kéier, wa naass Wisen verbaut ginn mussen Kompensatiounsmoossname geholl ginn an oft mussen d'Baueren dann nach emol Terrainen hirginn fir Kompensatiounsmoossname. Dat ass e Risiko deen do besteet.*

*Den ëffentlechen Transport an d'Stroossennetz sinn elo schonn zu Spëtzestonnen iwwerlaascht, dat ass hei jidderengem bewosst. Do ass viru kuerzem eng Étude gemaach ginn vu Schroeder & associés, ech mengen dat wäert dëst och ënnermaueren. Dat Argument dass mir hei eng gutt Ubannung un d'Stroossennetz an un den ëffentlechen Transport hu kann net gëllen.*

*D'Näerzénger Wisen sinn naass Wisen, do muss ee kucken wei déi sech eegenen als Bauland. An der „stra-*

*tegescher Umweltprüfung" ginn eng ganz Rei negativ Auswierkungen sief et fir d'Bevëlkerung, Gesondheet, Klima a Landschaft opgezielt. Bemierkungen dass déi Fläch, och wann se net sollt als Bauland ausgewise ginn, trotzdem duerch Kaméidi a Schuedstoffer belaascht gëtt, an dass trotzdem iergendwann hei sollt gebaut ginn, dat sinn d'Argumenter déi mussen duerhalen fir d'Bedenken ausser Uecht ze loossen. Hei si mir der Meenung dass krampfhaft no Argumenter gesicht ginn ass fir dëse Projet ze rechtfäerdegen. Ze hoffe bléift, dass méi genau Étudë gemaach ginn iwwert d'Auswierkungen vun der Zone, respektiv dass op de Projet vun der Gemeng zeréck gegraff gëtt.*

*Des Bemierkungen gëllen zum Deel och fir Kayl Nord. Kayl Nord läit och deelweis an ökologesch wichtegem Gebitt. Transport a Verkéier passen och heibäi. Et waren och nach aner Projeten a Méiglechkeeten ugeduecht wou een aner Quartieren an der Gemeng wollt nach weider ausbauen an et deet eis Leed dass déi ganz ausser Uecht gelooss ginn. Dat war hannert dem Kayler Kierfecht, respektiv tëscht dem Téitenger Kierfecht an dem Grénge Wee, déi Méiglechkeete stinn de Moment guer net méi zur Debatt.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Dat ass awer net am Kader vum "plan sectoriel".*

**Jean Weiler (Konseiller, CSV)**
*Jo, mee am Kader vum allgemenge Bebauungsplang, do gehéiert et dozou.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Do si mir awer elo net.*

**Jean Weiler (Konseiller, CSV)**
*Mir ënnerstëtzen ob jidder Fall den Avis vu Kayl. Dat geet an déi richteg Richtung. Mir mussen natierlech déi verschidde Bedenken bei Kayl Nord nach emol, och mat deene verschiddenen Proprietaire, nach emol kucken.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Här Weiler. Den Här Becker.*

**Romain Becker (Konseiller, DP)**
*Déi „Plans directeurs sectoriels" hunn d'Gemengen e bëssen iwwerrascht. Wann ee kuckt op wat déi Iwwerleeungen berouen déi an der Staat gefouert goufen, se baséieren net ob deene Realitéiten déi mir kënnen. Wann se d'Verkéiersétude déi fir eis Gemeng gemaach gouf iwwerpréift hätten, wann se déi Zuelen déi ee fir des Gemeng kennt hei zu Grond geluecht hätten wat den Transport ugeet, dann denken ech mir hätten déi Sätz net méi an deene „Plans sectoriels" gestanen. Allgemeng muss ee soen, dass se wéineg ob déi lokal Gegebenheeten agaange sinn, wat eigentlech schuet ass wann ee bedenkt, dass do awer vill Aarbecht gemat ginn ass. De „Plan sectoriel logement", et ass haaptsächlech deen, nieft dem Transport den eis hei beschäftegt, an de „Conclusions principales" liesen ech héi „vu qu'il importe d'inclure dans le calcul non seulement les logements créés dans les nouveaux quartiers, mais également dans les quartiers existants" do ass et einfach esou, et wier vill méi einfach wann mir schonn de Chiffer géinge kennen. Mir soen eis sinn 20 Prozent zevill, ech weess awer net ob eis e Chiffer bekannt ass iwwert dat wat realistesch innerhalb vun eiser Gemeng wier. Esou e Chiffer kenne mir och net. Dofir fannen ech et schwiereg elo ze soen dass déi „Croissance minimale" vun 20 Prozent onrealistesch ass, mir wëssen net emol selwer wat a klengen Uertschaften d'Potential ass. Et géing eis jo erlaben besser ze argumentéieren, et wier een Argument méi op alle Fall.*

*Eppes aneres wat bei mir Bedenken ausléist wann ech de „Plan sectoriel" kucken, mir hunn ee grousst Negativbeispill hei am Süden dat ass Esch-Belval wou eppes geplangt ginn ass. Do hu mir dann eng gréng Wiss an do sollen dann 10.000 Leit wunne goen, mir schwätzen elo scho wei laang dovun a gesinn, dass e bëssen eppes bougéiert, et ass och net ëmmer alles positiv wat aus dem Eck kennt, well et och definitiv net viru geet. Am Generellen stellen ech mir d' Fro an wéi wäit dat theoretescht wat geplangt gëtt herno mat der Realitéit kann iwwerteneen stemmen. Ech fäerten och wa mir géinge soen déi 70 Hektar sinn eng super Saach, da wär d'Realitéit nach ëmmer déi wei zu Esch-Belval. Et ass schwiereg. Et gëtt gesot déi ganz Wunnengen déi gebaut ginn hätten en Afloss op d'Präisser vun de Wunnengen am Land, ma si sollen et zu Esch-Belval virmaachen, well da géing ech scho vill besser gleewen wat an dem „Plan sectoriel" dra steet. Mee Belval beweist eis am Moment, dass dat guer net funktionéiert. Do leie mir wäit nieft der Realitéit wat de Logement ugeet, mir leie wäit nieft der Realitéit wat den Transport ugeet, ech denke mir, dass en dat dann och sollt erwähnen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Den Här Daubenfeld an de Schäffen Brücher.*

*Romain Daubenfeld (Konseiller, LSAP)*
*Ech ka mech mengen zwee Virriedner an hire Kritiken nëmmen uschléissen. Deen een ass en theoretesche Plang um Pabeier an dat anert ass eppes woumat mir mussen eens ginn. Ech géing just eng Bemierkung maachen déi systematesch ass fir eng Regierung, déi elo ugetrueden ass mat Transparenz, och wann si déi „Plans sectoriels" net erfonnt hunn, si probéieren se awer ëmzesetzen. Si sinn ugetrueden fir mat de Leit ze schwätzen an méi Transparenz eran ze kréien, a wat maachen se? Se leeën e Plang ob den Dësch an et gëtt mat kengem Mënsch geschwat. Ech mengen, esou dierft et net sinn zemools fir des Regierung déi esou ugetrueden ass.*

*Zum Verkéier ass bal alles gesot wat ze soen ass. Ech mengen aus dem Thema komme mir net eraus an et ass och eng Wouerecht. Ech ginn dem Här Becker Recht, um Belval ass et bewise ginn, duerch „Plans sectoriels" an Wunnengen déi gebaut ginn, ginn se net besser a si ginn net méi bëlleg, dat gëtt engem ze denken. Ech kann dem Schäfferot nëmme félicitéieren fir den Avis, dee weist ob all déi Problemer hin an ech hoffen, dass mir vun deene verschiddene Ministèren nogelauschtert ginn an, dass si eis Recht ginn mat dem wat do geschriwwen gouf.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Här Daubenfeld fir de Statement. De Schäffen Brücher.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Et ass net alles negativ an deene „Plans sectoriels. Ech mengen et ass gutt, dass mir längerfristeg e Konzept hunn an deene verschiddene Beräicher, ech begréissen et prinzipiell. Wat een gesäit, et ass de Wonsch vun der Regierung méi Wunnraum ze schafen. Dat wäert an deene nächste Joeren ëmmer méi prioritär ginn well d'Wunnengsnout ëmmer méi grouss wäert ginn. Mir wuessen, eis Awunnerzuel geet erop mee mir kommen net no mat Wunnengen an dat féiert dozou dass d'Wunnpräisser kontinuéierlech an d'Luucht gedriwwe ginn an iergendwann, mir si bal esou wäit, sinn d'Wunnengen esou deier, dass déi zukënfteg Generatiounen se net méi bezuele kennen. Dofir ass et einfach immens wichteg, dat well ech betounen, dass mir als Gemeng och d'Verpflichtung hunn méi Wunnraum ze schafen. Ech weess net wéi realistesch déi 20 Prozent sinn, dat musse mir gesinn. Mee virun allem musse mir un dëser zentraler Missioun festhalen.*

*Allerdéngs deelen ech déi zentral Kritik, dass de „Plan sectoriel" Logement an Transport am Widderspruch zueneen stinn. Op der enger Säit solle mir als Gemeng wuessen, op der anerer Säit gëtt awer praktesch näischt gemaach fir den ëffentlechen Transport oder fir d'Mobilitéit an der Gemeng, dat passt net zesummen an wierkt sech och negativ op d'Liewensqualitéit vun der Gemeng aus. An dem Kontext hate mir eng Entrevue mam Nohaltegkeetsminister an Transportminister an hien huet eis versprach, dass den Aspekt nach eng Kéier gepréift gëtt an ech halen drop, dass dat gemaach gëtt. De Widderspruch muss geléist ginn falls dat Konzept soll funktionéieren.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Ier mir eng zweet Ronn maachen géing ech gären ob e puer Beiträg reagéieren.*

*Wat den Schäffe Brücher seet, déi Saach mam zentrale Widdersproch, et kann een net verschidde Saache maachen an d'Ressourcen schounen. Dat wat elo hei als Widdersproch genannt ass kann een monéieren an soen et ass net gutt. Ob der anerer Säit kommen do Diskussiounen an de Gemengen duerch de „Plan sectoriel" Logement an ech mengen hoffentlech kennt eppes Positives dobäi eraus, an dat ass, dass een net kann op enger Säit eppes réckele goen, ouni dass et Konsequenzen fir een aneren huet.*

*Wat richteg gesot ginn ass, den „Exposé des motifs" firwat mir géint de Projet sinn. Pabeier ass gedëlleg, do behaapt een den Accès an de Kayldall wier gutt, do wier en Zuch a mir sinn no bei Esch a bei Diddeleng, mee dat ass net un der Realitéit. De Fait ass mir dat hei zum Ausdrock bréngen ass kee groussen Nodeel, dat ass dat éischt. An wat den Här Weiler gesot huet, wat sech ob déi 70 Hektar bezitt mat deenen „Exploitations agricoles" bezitt sech jo och ob déi 21. De Problem ass awer och deen, dass den Effet den dräifache wäert sinn, an dass dofir dat wat mir proposéieren méi raisonnabel ass, méi e groussen Usproch stelle mir net. An wat den Här Becker gesot huet iwwert Esch-Belval, do well ech nach eppes bäiflécken, do ass vill Geld dra gepompelt ginn, Geld dat mir an eiser Gemengekees mat Sécherheet net wäerten hunn. De Beispill Esch-Belval an alles wat e soll duerstellen ass schéin a gutt mat der Ausnahm, dass mir hei keng staatlech Gelder kréien fir dat ze realiséieren. Dat ass e wesentleche Complément zur der Informatioun, an dass eng Planung déi theoretesch ass net ëmmer 100-prozenteg realiséiert ass, dat gëtt am Gemengewiesen zerguttst. Wat ech wollt soen, fir dass d'Madame Jacobs net fir näischt komm ass eis Diskussiounen nolauschteren géing ech si bieden ob dem Här Becker seng Fro ze reagéieren, eng wichteg Fro, iwwert de „Potentiel d'habitation".*

*Dir wësst dass d'Gemeng Déifferdeng décidéiert huet keng gréisser Appartementshaiser méi ze bauen. Ech soen dat elo mol ganz plakativ, am Detail ass dat wahrscheinlech vill méi kompliz éiert mat all deenen Zonen. An mir sinn jo och amgaang mat der Madame Jacobs ze schaffen am Kader vum allgemenge Bebauungsplang. Hei muss ech eng Klammer opmaachen, hei ass dat typescht Beispill, wann mir e Schratt gemaach hunn mam Bebauungsplang kréie mir rëm zwee neier op d'Stiwwelen. Dat ass ganz ganz schrecklech wei dat funktionéiert. Do hu mir de Pacte Logement den mir mussen integréieren an an an, permanent ginn d'Regelen changéiert dat mécht d'Saach net méi einfach. Mee de Potential vu Wunnengen déi mir am neien Quartier erschléissen an an deene „Quartiers existants". Et wier schéin wann een dem Gemengerot dat emol hei kéint duerleeën. Madame Jacobs.*

**Christine Jacobs (Zilmplan)**
*Wir haben ein paar Zahlen die wir uns anschauen können. Man muss unterscheiden, bei der „Mise en conformité" haben wir andere Zahlen einzuhalten, das wäre dann vier Jahre nachdem die „plans sectoriels" in Kraft getreten sind, da müssen wir diese 20 Prozent Wachstumsrate vorweisen. Und zwar müssen diese 20 Prozent hauptsächlich in „PAP nouveaux quartiers" vorgesehen werden. Das heisst, es zählen weder diese Reserveflächen „Zones d'aménagement différé", noch zählen die „PAP quartiers existants" als was an Baulücken oder anderem Baupotential besteht, noch zählen die PAPs die dann zu dem Zeitpunkt erschlossen sind. Das zählt alles nicht in diesen 20 Prozent.*

*Wenn wir den PAG einreichen bevor die „Plans sectoriels" in Kraft sind, gelten andere Regeln. Dann müssen wir 10 Prozent an Wachstum einhalten, was aber insgesamt für den ganzen Ort, also für Kayl und Tetingen gilt und dann dreht es sich auch nicht um des Gesamtpotential in den PAP „Nouveaux quartiers" sondern bei den 10 Prozent geht es lediglich um „Extension" also um Erweiterung des Perimeters. Das wären im Moment, also Ende des Jahres oder Anfang nächsten Jahres – bei 3.300 Wohneinheiten – wäre das eine Erweiterung des Perimeters für 330 neue Wohneinheiten, das wären ungefähr 13 Hektar und das berechnet bei einer Dichte von 25 Wohnungen pro Hektar – das ist das was der „Plan sectoriel" vorsieht an Dichte.*

*Sie hatten die Szenarien ja vor drei Jahren gestimmt und an dieser Richtung hat sich eigentlich nichts geändert. Wir haben die Flächen berechnet, das wären bei dem was schon im PAG, im Perimeter, drin ist 13 Hektar. Davon ist ein Teil zukünftiges „Projet d'envergure", zum Beispiel der Teil Grand-Rue ist ja schon im PAG Perimeter drin. Rein an Ausdehnung wenn wir die Fläche bis zur Puerlbech nehmen, wären dann knapp 26 Hektar. An Reserveflächen (ZAD) um die 4 Hektar. Und wir haben damals schon gesagt, wir wollen mittelfristig Flächen reklassieren, das wären 16 Hektar plus noch zwei. Drei kleinere Flächen wo es eventuell Reklassierungen geben könnten. Wir hätten also acht Hektar die wir definitif ausweisen, 13 Hektar hätten wir zugute die wir ausweisen könnten, wir könnten also den Teil bis zur Puelbech tatsächlich ausweisen und würden uns an diese 10 Prozent, was für die Übergangsfrist geregelt ist, halten.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Dat ass eng ganz wichteg Informatioun, also wa mir eise PAG virun 2016 areechen, kommen déi Diskussiounen iwwert déi bestoend Zonen an Ännerungen déi kommen, déi féieren mir och hei. Den Här Weiler.*

**Jean Weiler (Konseiller, CSV)**
*Déi Saachen iwwer de Pacte Logement, do sinn jo scho Saache gelaf, respektiv déi Erweiderungen, wou d'Gemeng jo och finanziell bezouschosst ginn ass wou se gewuess ass, dat gëtt jo dann alles net méi berücksichtegt.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Nee.*

**Christine Jacobs (Zilmplan)**
*Nein. Diese 20 Prozent Regelung ist eigentlich auf ein unendliches Wachstum ausgelegt, das heisst je mehr sie realisieren je mehr müssen sie vorhalten. Es geht ja immer weiter nach oben mit den 20 Prozent. Das was sie realisiert haben, müssen Sie ja praktisch wieder ausgleichen, plus, und das ist ja gar nicht absehbar, was in den „Quartiers existants" an Nachverdichtung kommt. Da muss ja auch noch einmal oben drauf gepackt werden. Wir hatten ausgerechnet, das ist wenn sie eine PAG-Periode haben und realisieren in jedem Jahr 50 Wohneinheiten, das ist das was die Gemeinden im Moment ungefähr schaffen, dann hätten sie innerhalb dieser sechs Jahre PAG-Laufzeit jeweils eine Erhöhung von 60 Wohneinheiten die sie noch obendrauf auf diese ursprünglichen 20 Prozent draufpacken müssen. Das kann es ja nicht sein, das ist ja nicht der Sinn der Sache.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Ass déi Äntwert Satisfaktion Här Weiler?*

**Jean Weiler (Konseiller, CSV)**
*Jo.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Ech kann nëmmen soen et ass guer net esou evident, och wa mir mengen mir géinge wuessen wei déi Veréckten, ech kann d'Chifferen an en nächste Gemengerot matbréngen, dat ass guer net de Fall mir falen oft duerch de Kuerf beim Pacte Logement, dass mir keng Sue kréien, well mir den 1 Prozent net erreecht hunn, déi Statistik hu mir an ech bréngen se och mat, do gesitt dir dass mir vill bauen an awer net genuch Wuesstem hunn fir déi Suen vum Staat ze touchéieren.*

**Patrick Krings (Konseiller, DP)**
*Ech hu meng Äntwert scho kritt, ech wollt am Fong froen wéi dat mat denen 20 Prozent Steigerung géing viru goen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Gutt, dann ass dat jo vun der Madame Jacobs erkläert ginn. Den Här Becker.*

**Romain Becker (Konseiller, DP)**
*Madame Jacobs, hunn ech richteg verstan, am Moment ginn hei 50 Wunnengen pro Joer gemaach? Gelt dat fir eis Uertschaft?*



**Christine Jacobs (Zilmplan)**
*Ich weiss nicht genau ob es hier aktuell gerade so ist, aber es ist der Durschnitt der letzten zehn Jahre.*

**Romain Becker (Konseiller, DP)**
*Well et wier interessant ze wëssen wei eisen natierlech Wuesstem ass, den mir elo hunn. Well dat seet eis jo wat mir an deenen nächste Joeren an dem bestehenden Deel kënnen erreechen.*

**Christine Jacobs (Zilmplan)**
*Ich kann die Zahlen gerne heraussuchen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Dat hu mir. Mir hunn d'Progressioun vun de Wunnengen an natierlech wat d'Populatioun betrëfft, well de Pacte Logement baséiert ob den Zuelen vun den Awunner. Weider Wuertmeldungen?*

**Christine Jacobs (Zilmplan)**
*Zum „Projet d'envergure" hatten wir geplant bis zum Puelbech zu bauen. Wir hatten eine Sitzung mit Luxplan zusammen gemacht über die Problempunkte, die können wir auch noch einmal durchgehen.*
*Insgesamt sind 60 von den 70 Hektar als „Zone d'importance particulière" ausgewiesen im „Plan sectoriel paysages". Der Aussiedlerhof liegt mitten drin im „Projet d'envergure". Die Flächen der Puelbech sind wieder herausgenommen worden. Die waren wahrscheinlich in einer früheren Version drin, davon gehen wir aus weil es von der Formulierung in der SUP so scheint. Die sollten aber wieder mit rein genommen werden um auch die Renaturierung zu ermöglichen. Dann schlagen wir auch vor, dass die Flächen an der rue Dideschpont mit aufgenommen werden da sie ganz wichtig sind für eine eventuelle Anbindung. Genau wie die Flächen am Ende der rue des Prés. Da ist es nicht nötig die vier Grundstücke die schon parzelliert sind mit aufzunehmen, die zählen dann zu den „Quartiers existants". Wir würden dann vorschlagen den Bereich zwischen Grand-Rue und rue des Prés mit aufzunehmen in das „Projet d'envergure", das macht ja nur Sinn wenn alle Flächen gleich behandelt werden.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Also fir e bessert Verständnes: dat ass schonn am Bebauungsplang mat ausgewisen.*

**Christine Jacobs (Zilmplan)**
*Genau. Das „Projet d'envergure" mit 70 Hektar, unser Vorschlag bis zur Puelbech wären dann 30 Hektar. Der „Projet directeur Kayl Nord" wäre geplant mit 21 Hektar. Wir haben eine zweite Möglichkeit diskutiert, und zwar eine Abgrenzung nach dem „Projet Kayl Nord", wo dann die Neuausweisung nur 16 Hektar wären. Hat auch Vor- und Nachteile. Das hat den Vorteil, dass einige Eigentümer die weiter oben liegen nicht auch noch mit ins Boot müssen, das sind eine ganze Menge. Allerdings wenn wir das jetzt nicht ins „Projet d'envergure" oder in den Perimeter reinnehmen, können wir es auch nicht in einen PAP reinnehmen. Das heisst: wenn wir dann dort Schrebergärten vorsehen, ist das eine Bebauungszone das können wir dann so nicht machen. Wir sind uns selber noch nicht ganz schlüssig ob wir das „Projet d'envergure" bis zum Puelbech vorschlagen sollen oder rein am „Plan directeur Kayl Nord".*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Ich glaube wir bleiben beim Vorschlag Obergrenze Puelbech. Das ist jetzt nicht ad acta gelegt, da kommt ja noch der Staat mit seinen Ansprüchen. Das werden wir noch sehen, wir bleiben jetzt bei diesem Vorschlag. Sou nach Wuertmeldungen?*

**Jean Weiler (Konseiller, CSV)**
*Eppes wat ech virdrun vergiess hat ze soen, ech sinn net géint eng Transversale. Ech hunn et just net gutt fonnt, dass déi queesch duerch d'Wise geet.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Dat hunn Transversalen nun mol esou un sech.*

**Jean Weiler (Konseiller, CSV)**
*Jo mee do ass e ganze Koup Landschaften déi zerstéiert ginn duerch eng Strooss.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Ob Transversale oder net, dir hutt gesinn am Plang vu Luxplan ass e Rond Point ugeduecht, iwwer Notzen oder Onnëtzen vun enger Transversale diskutéiere mir nach emol, fir de Moment ass dat am Projet Kayl Norden net dran. Déi nächst Generatioun Gemengepolitik soll sech deem dann unhuelen, well méiglecherweis entsteet emol e Besoin fir dohin ze fueren, dann hu mir zumindest ugedeit an emol driwwer geschwat. Gutt. Nach Wuertmeldungen?*

**Viviane Petry (Konseiller, déi gréng)**
*Fanne mir eng Léisung fir all Bauer, deen do Stecker huet an déi bewirtschaft, mat eisem Plang Kayl Nord. Kann dee säin Betrib weider féieren?*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Dat ass eng wichteg Fro. Do huet den Här Weiler jo och drop insistéiert. Et ass esou: de ganzen Terrain Näerzenger Wisen, nenne mir et mol sou, gët exploitéiert. Mol sinn et Propriétairen déi hiren eegenen Terrain exploitéieren oder si hunn e gepacht, mee déi Zone ass komplett exploitéiert, an fir do eppes anescht auszeweisen ass net extensibel. Et ass wei am Faubourg. Mir kennen d'Haiser nët réckelen. Déi Zone ass dat wat se ass. An fir elo, ouni mat engem vun de Propriétaire*

geschwat ze hunn ass et onméiglech ze soen. Fait ass, dass de ganzen Areal exploitéiert gët, ergo wa mir engem eppes wech huelen muss e kucken, dass en eppes anescht kritt, wei och ëmmer. Gëscht war nach ee bei mir den sech schrecklech Gedanke mécht, de verléiert siwen Hektar déi gepacht sinn an sechs Hektar Eegentum, dat sinn 13 Hektar. Fir déi ze kompenséieren wäert ganz schwiereg ginn, mee ech sinn awer der Meenung, dass mir do mol d'Diskussioun komme loossen. Dat muss een ëmmer am Hannerkapp behalen. Op der anerer Säit muss ech soen, déi Baueren déi mir hunn si relativ jonker déi wëllen hire Betrib viru feieren. Mee wei d' Situatioun an e puer Joer ass, weess och keen, dat wat mir hei maachen ass eng Planung. Ech kann iech mat Sécherheet net soen wei dat alles kompenséiert gëtt. Wat den Aussiedlerhaff ubetrëfft, wa mir an d'Logik kommen vum Projet vun der Gemeng ass zumindest emol den Dar aus eiser Feescht eraus. Wei gesot, ech kann do keng eendäiteg Äntwert ginn. Et wäert eist Bestriewe sinn, mir brauchen déi Leit, déi mussen iergendwann hir Ënnerschräft ënnert en Acte setzen fir d'accord ze sinn hiert Gutt zur Verfügung ze stellen fir de Projet ze realiséieren a spéitstens dann kennt déi ganz Envergure ob eis duer, wuelverstan.
Den Här Becker.

**Romain Becker (Konseiller, DP)**
*Et ass esou, an der Diskussioun an um Pabeier ass alles wonnerbar, mee bei de Propriétairen geet e bëssen d'Gespenst „Enteegenung" ronderëm, well da gesot gëtt dat brauche mir elo, do musse Leit wunne kommen an drop ginn et jo Usätz déi a Richtung Enteegenung ginn. Mat eis brauch een dat net ze maachen well et entsprécht net eisem Prinzip! Grad hei si Leit déi hiert Liewen verdéngen, mir maachen hei lokal Produktioun, wat mir soss gepriedegt kréien, an elo huelen mir de Leit d'Liewensgrondlag fir do kennen ze schaffen, grad och vill jonk Leit déi am Beruff vum Bauer engagéiert sinn an ech denken deenen hellt een elo d'Soen. Hei am Kayldall eppes ze kompenséieren kenne mir vergiessen, d'Diskussioun ass séier gehalen. Et bleift fir déi Leit just eng Vue op d'Enteegenung. Dat ass ee Wee ob den mir ob alle Fall net géinge matgoen.*

*Just eng kleng Foussnote zu dëser Diskussioun. All Kéiers wann mir driwwer schwätzen denken ech drun, dass et nach eppes gëtt wei eng Urbanismuskommissioun, mee déi ass scho laang net méi zesummekomm. Bon, mir hunn des Kommissioun. Ech gesinn just net dass mir zesummekommen, respektiv dass se eng Daseinsberechtegung huet.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*D'Foussnote iwwerginn mir. Ech well soen, dass ech är Ausso, dass de Wee vun enger Expropriatioun ënner kengen Ëmstänn ze goen ass téméraire. Quitt dass et de leschte Moyen ass den agesat gëtt, mee mir sinn eis eens, dass ouni eng Expropriatioun déi Saar Autobunn ni géing fäerdeg ginn. Mee esou pauschal géing ech et an ärer Plaz net soen. Et ginn heiansdo Ouvrage gemaach wou „d' utilité publique" sinn an wou jiddereen eppes dovun huet, folglech elo schonn ze soen mir man dat net ass a mengen Aen net richteg, Här Becker. Dat soll konsensuell oflafen. Fir mech ass d'Approche ganz kloer: jiddereen deen an dem Areal läit, kritt fir säin Terrain dat selwecht. Mir fänken net un ze soen deen den an der Renaturéieren läit kritt 250 Euro fir séin Ar an den wou en Haus gebaut gëtt kritt der 50.000, dat kenne mir net maachen. D'Approche muss sinn, dass all d'Propriétairen déi selwecht Konditioune kréien. Dat ass de Grondgedanken vun de Suen, vun der Währung eigentlech. Dat wat en do lescht als Input kritt een esou rëm raus, dat ass d'Quadratur vum Krees an dofir brauche mir e gudde „Project management" wann mir dat uginn. Wann mir eis do op Spekulatiounen aloossen ... Dat ass och ee vun de Grënn firwat de Plang nach am Tirang loung. Ech hätt gär, dass eng Gläichbehandlung vun de Propriétairen, net dass deen wou als Leschten ënnerschreift dat Duebelt vun all deenen Aneren kritt. D'Diskussioun iwwer Expropriatioun ass fir mech an weiter Ferne, an wann et scho nëmmen dowéint ass wei laang déi Prozedur geet. Dir wësst jo wéi et mat der Saarautobunn war, wou et virun d'Verfassungsgeriicht gaangen ass gesot ginn d'Gesetz ass net konform. Do huet d' Gesetz missten geännert ginn. Dat ass fir mech zimlech déi allerleschst Optioun, mee et ass awer eng. Well wann dir dat net als Optioun hutt, braucht dir bei verschiddene Leit net verhandelen ze goen. Punkt. Méi wäit wëll ech elo do net goen.*

*Mir kennen elo nach stonnelaang diskutéieren, ech géing proposéieren dass mir iwwert dem Här Weiler seng zwee Amendementer diskutéieren.*

*Den éischten Amendement, hei seet den Här Weiler dass déi 70 Hektar déi an d'Aen gefaasst sinn vum „Plan sectoriel" logement 50 Prozent vum gesamte Wuessen vum Süden soll duerstellen, dat hätt hien gär bäigesat an de Préambel, hien hätt dat gären an der Opzielung an der drëtt leschter Zeil „prévoit approximativement 70 hectares de terrains à bâtir", do hätt hien gäre stoen „soit 50 pourcent de la surface prévue dans le sud du pays". Absolut kee Problem dat entsprécht der Réalitéit an dréckt nach aus de Projet „surdimmensionné" ass, wat mir jo am Avis schreiwen.*

*Déi déi mat dem Amendement d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen.*

**EESTËMMEGE VOTE**

*Merci fir de Vote.*



*Den zweeten, Här Weiler ech hunn dat an der „fachlichen Stellungnahme" nogekuckt, mir schwätzen an dem däitschen Text nëmmen iwwert den Aussiedlerhaff mee do sinn nach e ganze Koup aner Exploitant'e, dofir ass et och wichteg dat ze maachen, ech deelen et och, dass mir sollen Récksiicht huelen ob déi Leit deenen hir Kuscht dat ass, ob gutt Lëtzebuergesch, an dofir proposéiert dir ze schreiwen „La zone pour „projets d'envergure destinés à l'habitat" pour la commune de Kayl est actuellement exploitée par les agriculteurs locaux. La réalisation du projet proposé risque de priver les agriculteurs de leur base d'existence et d'entrainer la fin de leur exploitation".*

*Ass do een dergéint dass mir dat dobäi setzen, dat entsprécht jo och der Réalitéit an dem wat mäin Besuch gëscht ausgedréckt huet. Déi déi mat d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen.*

**EESTËMMEGE VOTE**

*Villmools Merci.*

*Sou Madame Braconnier, dëst kennt dir dann elo offiziell an eisen Avis derbäi setzen. Mir schécken den Avis unverzüglech fort, mat deene Reklamatiounen dobäi. Mir halen eng Kopie vun deene Reklamatiounen well ech huelen un, dass elo um Intérieur esou vill Pabeier land, dass déi Schwieregkeeten hunn alles erëm ze fannen.*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Musse mir dann net nach de ganzen Text stemmen?*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Elo hu mir d'Amendementer gestemmt, dann maachen mir dat och nach, Merci fir den Hiweis. Jang Merci, dat Wichtegst vergiesse mir!*

*Déi di dann mat dem Text, esou wei en duerch de Vote amendéiert ginn ass, d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen.*

**EESTËMMEGE VOTE**

*Also unanime. Villmools Merci fir de Vote. Ech gesinn, dass mir wat d'Entwécklung vu Kayl am Kader vun dem „Plan sectoriel" keng Divergenze hunn an dat ass och vill besser, en Vue vun dem wat an der Schungfabrik vun eiser Populatioun geäussert ginn ass. E grousse Merci un d'Madame Jacobs, dass dir komm sidd. Merci och der Madame Negri fir déi gutt Zesummenaarbecht.*

## Conseil communal Séance du mardi, 21 octobre 2014

**Durée :** *de 15h00 à 16h30*

**Présent :** *John Lorent, Bourgmestre, Marcel Humbert et Patrick Brücher, échevins, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, José Gonçalves dos Anjos, Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller, Nadine Braconnier, Secrétaire.*

**Absences : /**

**Ordre du jour :**

1. **Correspondance et informations**
2 **Plans sectoriels primaires (discussion et vote)**
3 **Budget Maison des jeunes**
4 **Présentation du projet Kayl-Nord**

### 1. Correspondance et Informations

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** tient à dire quelques mots sur l'ordre du jour avant d'ouvrir la séance dédiée aux plans sectoriels et au projet Kayl-Nord. Il remercie d'avance l'opposition pour sa discipline lors des discussions à venir. Il souhaite la bienvenue à Monsieur Hetto, l'un des auteurs du « plan directeur Kayl-Nord » et à Madame Jacobs de la société Zilmplan qui est en charge du plan d'aménagement et la rédactrice de la prise de position de la commune en version allemande. Lors de la dernière séance du conseil communal, il aurait fallu inclure le budget et la convention de la « maison des jeunes ». Il demande si ce point peut être traité aujourd'hui puisqu'il est urgent de signer la convention pour que la maison des jeunes perçoive la somme d'argent qui lui est due. Un dernier point est abordé avant de commencer la séance : la TVA augmentera le 1er janvier 2015 de 15 % à 17 % et il semblerait que le produit brut de de la TVA ne revienne pas aux communes. Cette augmentation sur les prestations et fournitures nécessaires pour la commune aura un impact drastique sur les finances communales. 10 % du produit de la TVA (déduction faite des sommes dues aux communautés européennes) sont reversés dans le « Fonds communal de dotation financière », mais il a été dit que la hausse de la TVA n'aurait pas d'influence sur le secteur communal, ce qui revient à dire que le sup-

plément perçu dans les caisses de l'État ne sera pas reversé aux communes. L'argument selon lequel les communes doivent contribuer ne semble pas valide puisque les communes sont les consommateurs finaux et paient le plus haut taux de TVA. Enfin, la commune de Kayl est l'une des communes qui perçoit le moins de subventions étatiques issues du produit de la TVA. Il déplore le fait que les communes les moins aisées en pâtissent le plus et que leurs doléances envoyées à la presse ne soient même pas publiées. Monsieur le bourgmestre laisse la parole à Monsieur Romain Daubenfeld (LSAP).

**Monsieur Romain Daubenfeld (LSAP)** ajoute qu'il y a 14 mesures qui touchent les communes et leurs finances. Il faudrait se mettre en contact avec le Ministre de l'Intérieur soit directement avec d'autres communes, soit via le SYVICOL pour se défendre contre ces mesures inacceptables.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** préconise de reparler du sujet lors du prochain conseil communal et de partager l'avis de la commune sous la forme d'une motion ou d'une résolution. Il avance un dernier point à caractère urgent qui ne figurait pas à l'ordre du jour : Médecins sans frontières a envoyé un courrier relatif à une collecte de fonds pour lutter contre l'épidémie d'Ebola en Afrique de l'Ouest et dans les autres pays touchés. Le conseil des bourgmestre et échevins propose de faire un don de 3.000 euros.

**VOTE UNANIME**

## 2. Présentation du projet Kayl-Nord

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** annonce que le projet Kayl-Nord sera présenté avant la discussion sur les plans sectoriels afin de ne pas faire attendre Monsieur Hetto.

**Monsieur Marcel Hetto (Luxplan)** remercie la commune de Kayl-Tétange pour sa confiance et rappelle que l'idée du projet date de 2013. La commune et le bureau Zilm ont développé ce projet dans l'idée de l'inclure dans le PAG ultérieurement et de combiner les structures existantes de la communes avec de nouveaux projets urbanistiques. Les réflexions liées à ce projet portent essentiellement sur la gestion du trafic, les espaces verts, les énergies renouvelables et la qualité de vie des habitants. Une partie du projet est d'ores et déjà reprise dans le PAG, le reste suivra au fur et à mesure de l'évolution dudit projet. 21 hectares sont prévus pour concentrer des bureaux, des commerces et des bâtiments publics dans le cœur du village. Des logements sont prévus en dehors du centre et une zone verte assurera la continuité du parc et de la « Käl-Baach ». Il souligne que l'empreinte de la commune de Kayl restera intacte et que le projet de développement de la commune sera réalisé en harmonie avec les quartiers existants. Une priorité sera la réduction du trafic et l'utilisation de zones piétonnes et de pistes cyclables (l'idée d'une zone sans voiture est envisagée). Monsieur Hetto présente le volet du projet lié aux transports publics : une ligne de bus directe entre Kayl et Luxembourg ainsi qu'entre Kayl et Bettembourg passera dans ce quartier à côté du bus scolaire. La gare Kayl Nord devrait aussi être desservie par un bus. Il informe le conseil communal que tout le réseau routier sera revu dont les CR au Nord de la commune afin d'éviter la circulation de voitures dans le quartier. Il a été suggéré de prévoir des parkings communs au lieu de places de stationnement devant chaque maison. Ce type de quartiers « sans voitures » existe aux Pays-Bas et en Autriche, il faudra voir si celui-ci peut être transposé au Luxembourg. Monsieur Hetto signale qu'il y a deux plans sectoriels (« logement » et « zones d'importance particulière du réseau écologique ») sur le terrain concerné, mais qu'ils n'ont pas été pris en compte dans le projet actuel. Ils n'auront pas d'impact majeur sur le projet, bien que la surface du terrain disponible soit triplée. Un point important du projet consiste en la renaturation du ruisseau Käl-Baach, à la récupération de l'eau de pluie et à rendre la commune encore plus « verte ». Des lopins de terre pourront servir aux habitants comme jardins, vergers ou potagers. Tout le projet met l'accent sur le développement durable, la mobilité douce et les énergies renouvelables en osmose avec la qualité de vie des habitants. Monsieur Hetto explique le phasage initialement prévu selon lequel la phase 1 comprendrait les prestations de la commune de Kayl et la phase 2 serait liée à la renaturation. Il prévoit que la commune de Kayl aura 1.100 habitants en plus avec la réalisation du projet et il met en exergue le fait qu'il s'agit d'un projet de longue haleine et qu'il faudra avancer par phases. Il termine avec le « plan sectoriel » qui lui prévoit 70 hectares aménageables, ce qui équivaudrait à une hausse du nombre d'habitants de 4.000 unités sur une période de minimum 10 ans.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** précise que ce quartier sera un projet moderne du 21e siècle et que le plus gros inconvénient de la commune reste le trafic. Ce problème pourrait être résolu pour la partie nord de la commune. Il confirme que les échanges autour du projet Kayl Nord et des Plans sectoriels se chevauchent, mais que du côté de l'État, il a été dit que si la commune de Kayl avait son propre projet d'aménagement, il pourrait faire l'objet de discussions. La commune de Kayl est prête à envisager le projet à 21 hectares.



**Monsieur Patrick Krings (conseiller, DP)** parle au nom du DP et félicite ce genre de projet à long terme visant à développer la commune. Monsieur le bourgmestre remercie Monsieur Patrick Krings et laisse la parole à Monsieur Jean Weiler.

**Monsieur Jean Weiler (Conseiller, CSV)** accueille positivement ce projet, mais rappelle qu'il est encore trop tôt pour parler des détails. Il fait remarquer que si une route reliant les rues de Noertzange et de Schifflange est construite à travers les champs, il faudra réduire l'impact sur les terres agricoles. Il tient aussi à inclure les propriétaires des terres dans les discussions relatives au projet.

